# eis sprooch

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

NEI FOLLEG
XXVII. JOR/1989

Nr. 27

WAT DRAN AS:

...:
Groussherzog Jean 1
1989 2

Jos. Harpes:
Lëtzebuerg 1989 4

Emile Krier:
150 Joër Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg 5

Jeanine Theis-Kauth:
't as Wanter / Am Hierscht 14

Raymond Schanck:
Hierscht / Ëmsoss 14

GjpR:
D'Lëtzebuergeschstonn op 7ième 15

m.h.:
Wann een d'Kapphären am Gold kritt... 17

Robert Siuda:
Klengegketen 18

m.h.:
Eng versëlwert Plaquette vun der AL fir de Will Reuland 19

Will Reuland:
Den neie Jorgank 20

Gil Mandy:
Ja, ja dat Bauen... 21
Wann ee motzt 22

Ingrid Buzetti:
Am Bistro 23

Nic. Angel:
Well d'Krankekeess bezillt et jo 27

Gil Mandy:
Krëschtdag 1989 28

E. Arnoldy:
Krëschtdag 28

hr:
Kabaret 29
Mir gratuléieren 30
Theaternotizen 31

Robert Siuda:
Klengegketen 36

hr:
Aus dem Bicherbutték 37
Si hun äis fir ëmmer verlooss 42

René Kartheiser:
Et gët Grenzen 45


hr:
Notizen 46

m.h.:
Gléckwonsch- an Neijooschkaarten
Zeechnungen: R. Wohlfart/Foto: J. Weiler 48

hr:
Lily Unden † 5. September 1989 49



*E Bild vun der Lëtzebuerger Kënschtlerin Lily Unden.*



# 1989




Déi grouss Nationalfeierlechkete gi lues op en Enn. Ursaach dozou woren, wéi mer et duurch d'Jor liesen an héiere konnten, déi 175 Jor Groussherzogtum. Dat wor 1815 um «Wiener Kongress» esou dekretéiert gin, de Präis derfir wor deen, datt mer alles, wat zem Herzogtum Lëtzebuerg, déi Säit der Our, der Sauer an der Musel gehéiert huet, ewechgeholl kritt hun. Den hollännesche Kinnek, Wëllem I., krut d'Land als perséinlech Proprietéit.

Virun allem awer woren et déi 150 Jor *Onofhängegkeet* vum Land Lëtzebuerg, am Jor 1839, duurch de «Londoner Vertrag». Deemools krute mer nees eng Kéier e gutt Stéck ewechgeholl, déi belsch Provënz Lëtzebuerg vun haut. Déi 100 Jor Onofhängegkeet, déi 1939 uetert d'ganzt Land gefeiert si gin, haten deemools en aneren Hannergrond ewéi haut. Trotz allen Deklaratiounen, och vum deemolege Reichskanzler Hitler, eis Neitralitéit an eis Onofhängegkeet ze respektéieren, as d'Land vun den Nazitruppen iwwerrannt a besat gin. Et koume batter a schrecklech Zäite fir Lëtzebuerg!

1867 wor Lëtzebuerg neutral erklärt gin mam Londoner Vertrag vum 11. Mee 1867.

Da sin et 1990 100 Jor zënter der Herrschaft vum Haus «Nassau-Weilburg». Et wor 1890 eriwwer mat der Personaluniuoun mat Holland, der Linn «Oranien-Nassau», déi bis dohin d'Land regéiert huet.

A wann een Ereegnes nach apaart gezielt huet an dësem Jor, dann as et dat vun der *Herrschaft vum Groussherzog Jean, dee viru 25 Jor* eis vill veréiert a respektéiert Groussherzogin Charlotte um Troun ofgeléist huet.

Eisen, mir mengen et dierft een esou soen, Groussherzog Jean huet déi Missioun den 12. November 1964 iwwerholl. Virdru wor hien, am Mee 1961, vun der Groussherzogin Charlotte als «Lieutenant — représentant», als Stothéiler, ernannt gin a wéi en de 4. Mee 1961 am Palais an der Stad déi Regentschaaft ugetrueden huet, sot en: «Ech wäerd alles maachen, wat a ménger Muecht steet, fir d'Vertraue vum lëtzebuergesche Vollek ze rechtfäerdegen».

Deemools, den 12. November 1964, wéi hien d'Nofolleg ugetrueden huet an den Eed virun der Châmber a sénger Trounried ofgeluet huet, wor säin éischte Saz: «Mat deem Eed, deen ech elo an d'Hänn vun ärem President ofgeluegt hun, engagéieren ech mech, fir mech ganz an onermiddlech fir d'Gléck vun eiser Hemecht anzesetzen». Derniеft huet hie säi Regéierongsprogramm ënner de Motto: «Gerechtegkeet, Guttheet a Fortschrëtt» gestallt.

An dat alles huet hien an dene 25 Jor esou gehalen, an denen hien op eng léif Aart a Weis op d'Groussherzogin Joséphine-Charlotte konnt zielen.

De Groussherzog Jean as de 5. Januar 1921 um Schlass vu Kolmer-Bierg op d'Welt komm. E war dat éischt Kand vun der Groussherzogin Charlotte an dem Prënz Felix vu Bourbon-Parma (si woren de 6. November 1919 bestuet gin). Gedeeft gouf hien op den Numm: Jean-Benoît-Guillaume-Robert-Antoine-Louis-Marie-Adolphe-Marc d'Aviano. Säin Dafpätter wor de Poopst Benedikt XV. Mat sénge véier Schwësteren Elisabeth (*1922), Marie-Adelheid (*1924), Marie-Gabrielle (*1925), Alice (*1929) a séngem Brudder Charles (*1927) as hien eropgewuess, an de 5. Januar 1939 gouf hien, 18 Jor al, groussjäreg erkläert a krut offiziell den Titel: Ierfgroussherzog.

Deemools, a fir dir déi Geleënheet, huet den Adolphe Berens «S.K.A. Dem Ierf-Groussherzog Jean, Dem héije Protekter vum Veräin «Hemechtssprooch», zoum Dag vu Sénger Groussjeregkeet, Respektvoll» e Gedicht zouerkannt, dat d'«Hemechtsprooch» 1939, als Veräinsgof, publizéiert huet, an deem et ënner anerem heescht:

*Dee mat ons riet*
*ons häerzeg Mammesprooch,*
*Dat deierst, wat säin*
*egen d'Vollek nennt,*

*An deer, wat Héchstes,*
*Schéinstes, Léifstes och*
*Him as, wéi an em*
*Sonnespigel brennt.*

De Virstand vun der «Hémechtssprôch» konnt «mat grousser Befriddegong feststellen, dass bei all dene patriotesche Manifestatiounen (1939)... all Rieden an onser Hemechtssprooch gehale gouwen, an dat nët eleng vun de Leiden aus dem Vollek, mä och vun den Häre Ministren, Deputéierten a Buergermeeschteren. A ganz besonnesch stolz as de Veräin nach duerop, dass och onsen Ierfgroussherzog, de Prënz Jean, den héije Protekter vum Veräin, séng sympathesch Radio-Usprooch un all séng trei Lëtzebuerger an onser Hemechtssprooch gehalen huet.»

Du as de Krich komm. D'groussherzoglech Famill musst an den Exil goen an huet do fir eis Hemecht dat gemaacht, wat ze maache wor. De Prënz Jean huet sech bei d'Irish Guards gemellt, wor derbäi wéi d'Alliéiert a Frankräich gelant sin a konnt am September 1944 Lëtzebuerg erëm fir d'éischt no dene 4 battere Jor gesinn. — Et denkt een nach haut un déi grouss Freed, déi d'Leit deemools haten a wéi se de Prënz Jean mat séngem Papp, dem Prënz Felix, begréisst hun.

De Groussherzog Jean as sénge Wierder vum 12. November 1964 a sénger Regéierungszäit trei bliwwen. Hien huet fir Gerechtegkeet a Fridden dat gemaacht, wat ze maache wor. Hien as mënschlech bliwwen, hien huet enke Kontakt mat eis gehalen, huet dat bei all Geleënheet bewisen, wou et méiglech wor, hien huet d'Land regéiert wéi et nët besser a gudden an a schlechten Zäite konnt sin.

A mir widderhuelen hei dat, wat mir eisem Groussherzog Jean fir dat sëlwert Jubiläum an engem Tëlëgramm ausgesprach hun:

*Merci Monseigneur.*

*Mir felicitéieren eise Grand-Duc Jean, deen elo zënter 25 Jor mat Geschéck, Takt an Diskretioun eist klengt Land regéiert.*

*Mir wënschem Him a Sénger Familjen och fir d'Zoukunft all Guddes an datt mat Him a Sénger Familjen de Fridden eis all erhale bleift.*

*Actioun Lëtzebuergesch*

# Lëtzebuerg 1989

Du klengt léift Lëtzebuerger Land,
däin Numm as wäit a breet bekannt,
däi Stol gët uechter d'Welt verkaaft,
nët manner gutt as och däi Riewesaaft.
Eis Banken, wuel méi méi honnert un der Zuel,
déi suerge fir eist zäitlecht Wuel.
Scho vru méi wéi zwee Jorhonnert
huet well de Goeth' eis schéin Haaptstad bewonnert.
En Erzbëschof huet d'Lëtzebuerger Kiirch.
E Groussherzog um Schlass zu Kolmer-Biirg.
Eis Aviône fléie rondrëm d'Äerd,
eisen Astra as och nët manner wäert.
A kuckt rondrëm dee Bëscherkranz,
eng Pracht a séngem grénge Bliederglanz
an all déi ural Ritterbuergen
op hiren Héichte fir Romantik suergen.
An d'Éislek réischt, wann de Ginz do bléit,
d'ganzt Land da gär doropper zéit
Oh, 't lieft sech gutt an deem schéine klenge Land
a frou zefridden as all Mann a Fra a Kand.
An eisen Henri an säin Tréis um ale Fëschber Schlass,
déi suergen, datt och an Zoukonft ee Lëtzebuereg as.

*Jos Harpes*

*Referat vum Professer Emile KRIER vu GREIWEMAACHER, bei der akademischer Sëtzung fir 150 Joër Onofhängegkeet, den 11. November 1989 am Kulturzentrum zu Maacher*

# 150 Joër Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg

Virun 150 Joër, genee den 19. Abrëll 1839, gouf zu London e Vertrag ënnerschriwwen, mat deem déi international Unerkennung vun der Belsch geregelt gin as. Et war fir Lëtzebuerg deen éischte «Londoner Vertrag». Well deemools och en Deel vun eisem Land un d'Belsch goung, an zwar déi belsch Provënz Lëtzebuerg, waren am Vertrag Bestëmmungen, déi Lëtzebuerg eppes ugaang sin. Dat Groussherzogtum, dat eréischt 1815 um «Wiener Kongreß» entstan war, gouf also 1839 an e belschen an an e lëtzebuergeschen Deel opgedeelt.

Dëst Joër erënnere mer eis un 1839, a mir feieren déi 150 Joër vun eiser Onofhängegkeet. Steet dann um Ufank vun der Lëtzebuerger Onofhängegkeet déi drëtt a lescht Delung von eisem Land? Feiere mer vläicht déi Tatsaach, datt mer deemools Deler vu Lëtzebuerg verluer hun?

Ganz sécher nët. *1839 goufe Weër opgemaach an et si Viraussetzunge geschaf gin, déi zu engem onofhängegen a fräie Lëtzebuerg gefouert hun.*

### Lëtzebuerg fréier...

Schon am Mëttelalter, genee zënter 963, as den Numm Lëtzebuerg bekannt an och beluegt. D'Stad Iechternach as nach méi al. D'Klouschter vun Iechternach, dat dem hellege Willibrord 698, respektiv 706 vun den Theodarde geschenkt gouf, hat sech am Mëttelalter zu enger bedeitender Abtei entwéckelt. Ganz Europa gouf vun hirer kultureller Ausstralung erfaasst. D'Grofen, an zënter der Mëtt vum 14. Jorhonnert, d'Herzoge vu Lëtzebuerg, hate sech am Raum tëscht Meuse, Musel a Räin duurch Kafen, Tauschen, Bestueden oder Kämpfen e Gebitt eruwwert, dat vill méi grouss war, wéi d'Groussherzogtum vun haut. Et gouf also schon am Mëttelalter e Lëtzebuerg, dat eng politisch a verwaltungsméisseg Eenheet gebilt huet. No an no war och e lëtzebuergescht «Bewosstsäin» entstan, an d'Vollek huet e gewësst Zesummegehéieregkeetsgefill ëmfond.

Mä vu 1443 bis 1816 goufen et an eisem Land ënnerschiddlech Friemherrschaften: eng burgundisch, zwou spuenischer, zwou franséischer an eng éisträichesch. Bis zur zweter franséischer Friemherrschaft, déi 1795 mat der franséischer Revolutioun koum, huet Lëtzebuerg ëmmer eng Verwaltungseenheet gebilt. Déi verschidden Herrscher hun op d'Egenaarten, op d'Partikularitéite vum Land, opgepasst. Eréischt an der Franséischer Revolutioun hun déi nei franséisch Häre probéiert, «Lëtzebuerg» verschwannen ze doen. Den Numm «Lëtzebuerg» als Bezeechnung fir e bestëmmten Territoire sollt et nët méi gin. D'Land gouf a verschidden neigeschafe franséisch Departementer opgedeelt. Dee gréissten Deel vu Lëtzebuerg as am «Département des Forêts» zesummegefaasst gin.

Déi radikal franséisch Besatzungspolitik, déi absolut keng Rücksicht op lëtzebuergesch Intressië geholl huet, war drop aus, d'Land ganz am franséische Staatsverband opgoen ze loossen. Duurch Integratioun an Assimilatioun sollten all Lëtzebuerger Egenaarte verschwannen. Op dës Politik hun d'Lëtzebuerger 1798/99 mam «Klëppelkrich» reagéiert.

### 1815: De «Wiener Kongreß»

Dem Napoleon séng Expansiounspolitik as an d'Bréch gaang. Dat huet derzou gefouert, datt um «Wiener Kongreß» d'Herzogtum




*1815: Zur Zäit vum Wiener Kongress war nach näischt Lëtzebuergesches néiergeschriwwen. De Mathias Schou «de Blannen Theis» (1747-1824) war deemools al a krank, nodeem hie Joërzéngte laang Liddercher op Lëtzebuergesch uechter d'Land gesongen huet. Zu Wien war keen derbäi, dee Lëtzebuergesch geschwat huet.*

Lëtzebuerg, dat deemools besat war, als Groussherzogtum nei erstan as. Lëtzebuerg sollt zënter 1815 zum «Deutschen Bund» gehéieren. Séng Haaptstad war «Bundesfestung» mat enger preisescher Besatzung. Deemools koum d'Land un den nidderlänneschen (den hollänneschen) Kinnek. Deen hat Gebitter um Räin verluer, dofir krut e Lëtzebuerg als Kompensatioun. Vun elo u war hie Kinnek vun den Niederlanden an, a Personalunioun, gläichzäiteg och Groussherzog vu Lëtzebuerg.

Schon um «Wiener Kongreß», also 1815, gouf Lëtzebuerg als egestännegen an onofhängege Stat geschaf. Awer de Kinnek-Groussherzog Wëllem I. huet duurch séng Politik verhënnert, datt d'Land sech als onofhängege Stat entfale konnt. Dat hollännescht Grondgesetz gouf zu Lëtzebuerg agefouert, déi hollännesch Gesetzer hu bei äis am Land gegëlt an d'Hollännescht as Verwaltungssprooch gin. Domat gouf d'Groussherzogtum zur 18. Provënz vun den Niederlanden erofgesat. De Monarch war virun allem drun intresséiert, fir vill Steieren aus dem Land erauszezéien.

Dës Politik erklärt och, fir wat datt d'Majoritéit vun de Lëtzebuerger sech am September/Oktober 1830, wéi d'Belsch Revolutioun ausgebrach war, vun den nidderlänneschen Oranier lassgesot huet. Si hu fir d'Belsch optéiert, déi nei entstan war. Mä, wann de Wëllem I. schon huet missen op d'Belsch verzichten, dann huet en awer séng Ussprëch op Lëtzebuerg gëlle gedo. En huet drop higewisen, datt d'Groussherzogtum säi perséinleche Privatbesëtz wär.




*1829: Den Anton Meyer (1801-1857) publizéiert déi éischt Schrëft op Lëtzebuergesch: «E Schréck op de Lëtzebuerger Parnassus».*



*1839: De Jacob Diedenhoven (1809-1868) hat ëm 1830 e puer Gedichter an eiser Sprooch geschriwen (z.B. «De Bittgank no Conter»). Hie war als Militär-Kartograf derbäi, wéi 1839 déi nei Grenz tëscht der Belsch a Lëtzebuerg ausgemooss gouf.*

**1839: De «Londoner Vertrag»**

Am «Londoner Vertrag» vum 19. Abrëll 1839, deen déi deemoleg Groussmächte Frankräich, England (Groussbritannien), Russland, Preussen an Éisträich ënnereneen ausgehandelt haten, an dee se der Belsch an Holland méi oder wéineger opgezwong haten, gouf Lëtzebuerg also dem Kinnek vun den Niederlanden als Privatbesëtz zougesprach. D'Land blouf Mêmber vum «Deutschen Bund». Am internationale Statut hat sech am Vergläich zu 1815 nëmme ganz wéineg geännert. 1839 hun d'Groussmächten d'Garanti fir déi nei Grenze vum Land iwwerholl. Deemools koume vun aacht Lëtzebuerger Distrikter der fënnef un d'Belsch, nëmmen dräi bloufen der lëtzebuergesch. D'Belsch krut 4320 Quadratkilometer vum Lëtzebuerger Territoire, d'Groussherzogtum huet nëmmen 2586 Quadratkilometer behal. Wann een awer d'Awunnerzuel kuckt, kann ee soen, datt d'Groussherzogtum e bësse besser ewech koum. 170.000 Awunner sin am Land bliwwen, 160.000 Leit koumen an dat belscht Kinnekräich. Reng quantitativ gesinn, waren d'Bestëmmunge vum «Londoner Vertrag» negativ fir Lëtzebuerg.

Eng negativ Folleg vum «Londoner Vertrag» war och, datt duurch déi drëtt Delung vun eisem Land eng Gemeinschaft zerstéiert gouf, déi Jorhonnerten al war. Derbäi koum, datt d'Groussherzogtum aus engem Wirtschaftsraum erausgeholl gouf, dee Jorhonnerte laang bestan huet. D'Land hat säin natiirlecht Hannerland verluer.

Als positiv Folleg vum «Londoner Vertrag» muss een ervir sträichen, datt dat Gebitt, an deem franséisch geschwat gouf, vun deem




*1848: Den Dicks (Edmond de la Fontaine, 1823-1891) bréngt dat éischt lëtzebuergescht politesch-satirescht Gedicht, «D'Vulleparlament am Gréngewald» am «Volksfreund» eraus.*

Gebitt, an deem lëtzebuergesch geschwat gouf, getrennt gin as, och wann d'Grenz mat der Belsch nët grad d'Sproochgrenz war. Dat Groussherzogtum, dat méi kleng gi war, huet elo wéinstens eng sproochlech Eenheet gebilt.

Vun elo u gouf et och keng direkt territorial Verbindung méi tëscht Lëtzebuerg an Holland. Et waren entweder preisesch oder belsch Gebitter, déi tëscht denen zwee Länner lougen. Dat konnt nëmmen e Virdeel fir Lëtzebuerg sin.

An der Zoukonft sollten déi Virdeler, déi sech aus dem «Londoner Vertrag» ergin haten, méi staark sin, wéi d'Nodeler. Awer am Ufank, dat heescht 1839, waren déi meescht Lëtzebuerger guer nët vun dësem Vertrag ageholl. An der Majoritéit wollten d'Lëtzebuerger bei der Belsch bleiwen. Nëmmen eng Minoritéit war fir d'Hollänner a fir d'Oranier. A ganz wéineg Lëtzebuerger hu sech deemools fir en onofhängegt an en egestännegt Lëtzebuerg agesat.

*1839 huet zu Lëtzebuerg de Wëll fir déi politisch Onofhängegkeet gefeelt.*


DE

SCHOLTSCHEÎN,

KOMÉDËSTÉCK AN ËNGEM ACKT.

Tèxt a Muséck

FUN DICKS.

Zum ëschtemol opgefëert fun der Turnergesëllschafft, zu Letzeburéch, de 25 Spirkel 1855.

PREÎS: 12 SU.

LETZEBURÉCH,
GEDRÉCKT BEIM V. BÜCK.
1856.

*1855: Et as fir d'éischt, datt e Lëtzebuerger Theaterstéck, dem Dicks säir «Scholtschäin», vun der Turnergesellschaft «Gym» am Cercle-Gebai an der Stad opgefouert gët.*

Wéi d'Belsch Revolutioun 1830 ausgebrach war, hat de Kinnek-Groussherzog de Lëtzebuerger zwar eng Parti Versprieche gemaach, awer dovu wollt hien 1839 näischt méi wëssen. Den 31. Dezember 1830 hat de Wëllem I. dem Lëtzebuerger Land zum Beispill eng komplett Verwaltungsautonomie versprach. De 5. Mäerz 1831 huet en uerdnéiert, datt Lëtzebuerg an Zoukonft vun enger Regéierungskommissioun regéiert géif, an däer nëmme Lëtzebuerger wären. Mä no 1839 huet en eng sougenannt «Germaniséierungspolitik» bedriwwen. Am Lëtzebuerger Land sollten déi reaktionär Prinzipië vum «Deutschen Bund» duurchgesat gin.

### Wëllem II.: Fräiheetlech Bestëmmunge fir Lëtzebuerg

Déi fräiheetlech Bestëmmungen, déi am «Londoner Vertrag» enthal waren, konnten eréischt no dem Ofdanke vum Wëllem I. (1840) an d'Praxis ëmgesat gin. An der Regéierungszäit vu séngem Jong an Nofolleger Wëllem II. (1840-1849) si si zum Droë komm. De Wëllem II. hat nämlech erkläert: «Je veux le bien-être du Grand-Duché et je le veux par les Luxembourgeois.» Am Joër 1841 krut d'Land vun him déi éischt Verfassung. An dëser sougenannter «Ständeverfassung» gouf zwar nach d'Majoritéit vun de Lëtzebuerger vun alle politische Responsabilitéiten ewech gehal. Awer d'politisch Trennung tëscht Lëtzebuerg an den Niederlanden as vollzu gin, a Lëtzebuerg gouf zu engem egestännege politische Secteur. An däer neier Verfassung vun 1848 as nët nëmme vu Flichte vun de Lëtzebuerger Rieds gaang, deemools krute si och politisch Rechter.

Am Februar 1843 huet de Kinnek-Groussherzog e Gemengegesetz erausgin, an deem d'politesch-administrativ Organisatioun

vum Land festgeluegt gouf. Dës Organisatioun gëlt zum Deel nach haut.

1840 huet de Kinnek-Groussherzog Wëllem II. och uerdnéiert, datt Lëtzebuerg zu engem Apostolische Vikariat erhuewe gi sollt. Deemools gouf d'Land vum Bistum Namür getrennt. 1845 krut Lëtzebuerg säin egene Seminär fir Geeschtlecher auszebilden. Duurch dës Moossnamen as no an no eng egestänneg Lëtzebuerger Kiirch entstan. Si gouf zu engem wichtege Facteur vum nationale Gedanken zu Lëtzebuerg. Mat der Hellegeveréierung, zum Beispill mam Muttergotteskult, oder mat der Veréierung vum hellege Willibrord, as eng spezifisch Lëtzebuerger Traditioun opgelieft, déi wäit iwwer dat Reliéist erausgeet.

An der Regéierungszäit vum Wëllem II. as Lëtzebuerg an den «Deutschen Zollverein» komm (1842). Domat gouf d'Land an e grousse Wirtschaftsraum opgeholl, deen nei Ofsazméiglechkete geschaf huet. Et sin och däitsch Gelder an d'Land komm. Mam «Deutschen Zollverein» sin d'Viraussetzunge fir d'Industrialiséierung vum Land an der zweter Halschecht vum 19. Jorhonnert geschaf gin. Et war d'Basis fir d'Entwécklung vu Lëtzebuerg zu engem Wuelfaartsstat.

Am Primärschoulgesetz vun 1843 huet de Monarch bestëmmt, datt déi franséisch Sprooch mat däer däitscher gläich gestallt géif. Elei mat gouf d'Basis fir d'Zwee-, respektiv d'Dräisproochegkeet vum Land geluegt. D'Groussherzogtum konnt sech zu engem Vermëttler, zu enger Bréck tëscht Däitschland a Frankräich entwéckelen. Domat huet de Wëllem II. an engem gewësse Sënn och schon d'Basis fir déi europäisch Missioun vu Lëtzebuerg geluegt.

## E politischt Selbstbewosstsäin…

*An der Regéierungszäit vum Wëllem II. sin also d'Viraussetzunge fir e fräit an onofhängegt Lëtzebuerg geschaf gin. Am «Londoner Vertrag» vun 1839 waren d'Fëllementer dofir geluegt gin.*



*1859: De Méchel Lentz (1820-1893) schreift «D'Lëtzebuerger» als Erënnerong un de 4. Oktober 1859, wéi d'Lëtzebuerger fir d'éischt mam Feierwon iwwer d'Grenz ewech fuere konnten. Et war souzesoën eist éischt Nationallidd.*

An denen éischten 20 Joër vun der Regéierungszäit vum Wëllem III. sollt et awer nach zu Réckschléi kommen. Dëse Regent huet am Joër 1856 erëm dee monarchische Prinzip an d'Verfassung schreiwe gelooss. Dat huet en awer schon 1867 erëm opgi missen. Et gouf och näischt aus deem Plang, deen en 1866 hat, fir Lëtzebuerg u Frankräich ze verkafen.

Wann 1839 bei de Lëtzebuerger de Wëll zur politischer Onofhängegkeet nach gefeelt huet, da war dëse Wëll schon 20 Joër méi spéit do. Am «Feierwon» hun d'Lëtzebuerger kloër an däitlech bekannt: «Mir wëlle bleiwen, wat mir sin…»

Dat neit politischt Selbstbewosstsäin gouf nach gestäerkt, wéi d'Land 1867 zu London, bei der Verhandlungen iwwer säin internationale Statut ege Vertrieder hat. Vun elo u gouf d'Land als Partner ugesinn, (zwar nach



*1864: De J.A. Zinnen (1827-1898) huet eist Nationallidd komponéiert a fir d'éischt ëffentlech zu Ettelbréck opféire gelooss. Den Text gouf awer schon 1850 vum Méchel Lentz geschriwwen.*

nët ëmmer als gläichwäertege Partner), wann et drëm goung, iwwer säi Schicksal ze verhandelen. Deemools, 1867, war aus deem «Objekt vum Völkerrecht», dat Lëtzebuerg bis dohi war, e Subjekt gin.

Dat Bekenntnis zum Land, dat am «Feierwon» däitlech gët, dëse Wëll zu Fräiheet an Onofhängegkeet, hun d'Lëtzebuerger ënner vill méi schwéiere Bedingungen den 10. Oktober 1941 widderholl, wéi den däitsche Besatzer si iwwer hir Sprooch, hiirt Land an hir Nationalitéit ausgefrot huet. «Lëtzebuergesch, Lëtzebuerg, Lëtzebuerger», hun der wäit iwwer 90 Prozent vun hinne geäntwert.

Deemools war d'Lëtzebuerger Natioun gebilt, an dës Natioun, déi zouenee stoung, huet hire symboleschen Ausdrock an der Groussherzogin Charlotte an am Herrscherhaus fond.

**D'Roll vum Herrscherhaus**

D'Schicksal vu Lëtzebuerg war ëmmer enk mat deem vu sënge Monarche verbonnen. Si waren d'Garante vun der Lëtzebuerger Onofhängegkeet. Am 19. Jorhonnert waren dës Monarchen nët nëmme Vertrieder vum Stat. Si hun déi ägentlech politisch Muecht duergestallt. Um «Wiener Kongreß», 1814/15, war Lëtzebuerg als Groussherzogtum un de Kinnek vun den Niederlanden an u séng Famill, d'Nassauer, komm. Um Ufank vun der Geschicht vun der Lëtzebuerger Onofhängegkeet steet d'Herrscherhaus. Deemno huet d'Monarchie zu Lëtzebuerg dräi juristisch Fëllementer, aus denen hir Legitimatioun ervir geet: 1) den «nassauischen Erbverein» vu 1783, an deem geregelt gët, wéi et am Haus Nassau mat der Nofolleg geet, 2) d'Schlussakte vum «Wiener Kongreß» vun 1815 an de «Londoner Vertrag» vun 1867, an 3) déi lëtzebuergesch Verfassung. Et gët also op dësem Gebitt eng privatrechtlech, eng völkerrechtlech an eng verfassungsrechtlech Basis.



*1872: An deem Joër koum dat wuel bedeitendst Wierk op Lëtzebuergesch eraus, de «Renert» vum Méchel Rodange (1827-1876).*



*1896: Den Deputéierten a Schrëftsteller C.M. Spoo (1837-1914) hält an dësem Joër fir d'éischt eng Ried op Lëtzebuergesch virun der Châmber, wat awer duerno erëm verbuede gouf. 1912 koum d'Lëtzebuergescht als egent Fach an d'Schoul.*

Vun 1815 un huet Lëtzebuerg dem holländesche Kinnek gehéiert. D'Land war deem säi Privatbesëtz gin. D'Ierffolleg gouf geregelt no de Bestëmmunge vum «nassauischen Erbverein», dat heescht, et sollten nëmme Männer op den Troun komme kënnen.

Wéi 1884 an der Persoun vum Prënz Wëllem-Alexander dee leschte männlechen Nokomme vum Kinnek-Groussherzog Wëllem III. gestuerf war, du stoung fest, datt beim Doud vum Wëllem III. déi holländesch Kroun u séng Duechter Wilhelmine goe géif, datt Lëtzebuerg awer vum Haus Oranien-Nassau un d'Haus Nassau-Weilburg iwwergoe géif.

1890 gouf den Herzog Adolphe vun Nassau am héijen Alter vu 75 Joër Groussherzog vu Lëtzebuerg. Wéi et am Mee 1888 feststoung, datt hie geschwënn d'Ierwe vum schwéierkranke Wëllem III. zu Lëtzebuerg untriede géif, hat hien dem Groussherzog Friedrich vu Baden erkläert, hie wär «ein deutscher Fürst», séng Dynastie wär «eine urdeutsche», an hien a séng Famill géifen «niemals aufhören, Deutsche zu sein.» Wéi en awer 1889 d'Regentschaft fir de Wëllem III. iwwerholl huet, huet den Adolphe gesot: «Dès aujourd'hui Je suis Luxembourgeois comme Vous, Messieurs, Luxembourgeois de coeur et d'âme.» An a sénger Trounried (9. Dezember 1890) huet e vu Lëtzebuerg als «notre chère patrie» geschwat. De Groussherzog Adolphe a séng Nofolleger wollten elo lëtzebuergesch Herrscher, an nët nëmmen Herrscher iwwer Lëtzebuerg, sin.

**Eng ege Lëtzebuerger Dynastie**

1890 krut Lëtzebuerg mam Haus Nassau-Weilburg eng egen Dynastie. D'Monarchen hun a kengem anere Land regéiert, an hiirt Intressi huet eenzeg an eleng dem Lëtzebuerger Land gegolt.

Et war ënner dem Groussherzog Wëllem IV., dem Nofolleger vum Adolphe, wéi am Joër 1907 den nassauische Familjestatut



*1915: De Siggy vu Lëtzebuerg (Lucien Koenig, 1888-1961) huet den Text «U Lëtzebuerg» (Lëtzebuerg de Lëtzebuerger) geschriwwen, deen de J.P. Beicht (1869-1925) vertount huet, an dat fir d'éischt zu Gréiwemacher gesonge gouf.*

geännert gouf. Dëse Groussherzog hat nëmme Medercher. Dës Medercher an denen hir Nokomme sollten elo och op den Troun vu Lëtzebuerg komme kënnen. Domat war sécher, datt dësen Troun bei der Famill Nassau-Weilburg bleiwe géif. D'Kontinuitéit an d'Stabilitéit an der Ierffolleg ware geséchert.

Déi däitsch Dynastie Nassau-Weilburg huet sech no an no zu engem lëtzebuergeschen Herrscherhaus entwéckelt. D'Haus Nassau-Weilburg war eng protestantisch Dynastie, awer déi jonk Prinzessine sollte kathoulesch an d'Prënze protestantisch erzu gin. Si hu lëtzebuergesch Erzéier kritt. Am Ufank vum 20. Jorhonnert hu si sech (mat der Groussherzogin Marie-Adelheid) definitiv zu Lëtzebuerg néiergelooss. Nom Éischte Weltkrich goufen d'Lëtzebuerger derzou opgefuedert, sech an engem Referendum ze entscheden, ob d'Land beim Haus Nassau-Weilburg bleiwen, ob et sech un d'Belsch uschléissen oder ob et eng Republik gi wëllt. Deemools hun 78 Prozent vun de Lëtzebuerger sech fir d'Monarchie a fir d'Groussherzogin Charlotte als Monarchin entscheed. Si hun d'Groussherzogin als eng vun hinnen adoptéiert, an de fräie Wëlle vum Vollek huet sech elo fir dat ausgesprach, wat dësem Vollek schon an internationale Verträg zoukomm war.

Deemools sollt och d'Souveränitéit vum Vollek duurch eng Verfassungsännerung agefouert gin. Dës Ännerung as vun der Groussherzogin Marie-Adelheid, respektiv vun der Groussherzogin Charlotte gutt geheescht gin. De Monarch huet vun elo (1919) un drop verzicht, fir ze «regéieren». En huet sech dermat zefridde gin, fir ze herrschen. De Monarch war domat zu engem Verfassungsorgan nieft anere gin.

Dat huet d'Majoritéit vun de Lëtzebuerger awer nët dervun ofgehal, fir am Zwete Weltkrich an der Groussherzogin Charlotte d'Symbol an de Garant vu sénger Souveränitéit ze gesinn.

An dësem Krich huet den Ierfgroussherzog Jean bei den Alliéierte gekämpft, fir Europa an domat och Lëtzebuerg vun der Nazi-Herrschaft ze befreien an dem Groussherzogtum séng Fräiheet erëmzegin.

Zënter sénger Ernennung zum Ierfgroussherzog am Joër 1939 stoung eise Groussherzog sénger Mamm zur Säit an huet offiziell Flichten erfëllt.

Wéi d'Groussherzogin Charlotte den 12. November 1964 ofgedankt huet, du war



| | | |
|---|---|---|
| Groussherzog | Wëllem I. | 1815 - 1840 |
| | Wëllem II. | 1840 - 1849 |
| | Wëllem III. | 1849 - 1890 |
| Stothéiler | Prënz Hari (ënner Wëllem III.) | 1850 - 1879 |
| Groussherzog | Adolphe | 1890 - 1905 |
| | Wëllem IV. | 1905 - 1912 |
| Groussherzogin | Marie-Adelheid | 1912 - 1919 |
| | Charlotte | 1919 - 1964 |
| Groussherzog | Jean | zënter 1964 |


et nëmmen normal, datt de Groussherzog Jean hiren Nofolleger géif. Esou, wéi et an der Verfassung steet, hält de Groussherzog sech zwar aus der Parteipolitik eraus, mä him kënnt d'Aufgab vun engem moralischen a politische «Mahner» zou. Hie steet iwwer alle parteipolitischen a gesellschaftleche Strukturen a soll derfir suergen, datt e gesellschaftlecht Grondkonzept erhale bleift. Ënner der Regentschaft vun der Groussherzogin Charlotte gouf probéiert, de materielle Schued vum Zwete Weltkrich ze behiewen. An d'Regéierungszäit vum Groussherzog Jean as den Ausbau vu Lëtzebuerg zu engem Wuelfaartsstat an zu enger moderner Industrie-Natioun gefall.

## Eng Natioun, déi ëmmer erëm un hir Vergaangenheet erënnert gi muss…

Dem Groussherzog kënnt och d'Aufgab zou, ze warnen, fir datt déi, déi op gesellschaftlechem an op wirtschaftlechem Plang benodelegt sin, nët aus der Gesellschaft ausgestouss gin. Hie soll drun erënneren, datt d'Politik moralesch Wäerter wéi Gerechtegkeet, Fräiheet a Fridden héich hale muss. De Groussherzog as eng Aart Gewësse vun der Natioun, eng Natioun, déi ëmmer erëm un hir Vergaangenheet erënnert gi muss, fir datt se nët vergësst, datt dat, wat mer haut eruwwert hun, d'Resultat vun engem laange Prozess as. Et war en zéitRéngen, dat nieft villen aneren Affer vun enger Parti Lëtzebuerger och dat héchst Affer, hiirt Liewen, an der Zäit vun der däitscher Besatzung gefuedert huet.

Domat as an der Geschicht vu Lëtzebuerg e Vermiechtnes enthal, dat all Lëtzebuerger erkenne muss. De politische Wëll vu fréiere Generatioune fir eng politisch, staatlech a kulturell Eenheet vu Lëtzebuerg bilt d'Basis vum lëtzebuergeschen Nationalbewosstsäin, dat am Laf vun der Geschicht ni an Nationalissem ausaarte sollt an ëmmer op war fir europäisch an international Bedirfnisser. Aus der Geschicht musse mer léieren, datt d'Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg en dynamische Prozess as, deen all Dag en neit Bekenntnis zur Fräiheet an zur Egestännegkeet vu Lëtzebuerg, eiser Hemecht, verlaangt.

*P.S.: Mat de Fotoë bei dësem Text sollt probéiert gin, fir e puer markant Tatsaachen aus eiser Sprooch a Verbindung zu eiser Geschicht ze bréngen.* *Je We*


5. **Jetzige Staatsangehörigkeit:** Lëtzebuerger
(wie Spalte 10a der Haushaltsliste, Doppelstaater haben beide Staatsangehörigkeiten anzugeben.
**Falls jetzige Staatsangehörigkeit nicht durch Abstammung erworben ist:**
**Art des Erwerbs (z. B. Option, Heirat):**
**Zeitpunkt des Erwerbs:**
**Etwaige frühere Staatsangehörigkeit:** Lëtzebuerger
**Zeitpunkt des Verlustes:**
(Dieser Raum bleibt frei)

6. **Hauptberuf:** [illegible] **Stellung im Hauptberuf:**
**Nebenberuf(e):** „ „ **Nebenberuf:**
(wie Spalte 11 der Haushaltsliste)
**Wo und bei wem beschäftigt:**
(wie Spalte 13 der Haushaltsliste)

7. **Muttersprache:** Lëtzebuergesch
(In der Regel besitzt jeder Mensch nur **eine** Muttersprache, in welcher er denkt und deren er sich in seiner Familie und im häuslichen Verkehr am liebsten bedient, weil sie ihm am geläufigsten ist, z. B. deutsch, italienisch, französisch, polnisch. Doch kommen auch besonders bei Personen in gemischt[illegible] Gebieten Fälle von **Doppelsprachigkeit** vor. Kinder, welche noch nicht sprechen [illegible] sind der Muttersprache der Eltern zuzuzählen. — **Dialekte** (Mundarten), z. B. [illegible] deutsch, gelten nicht als Muttersprache)

*1942: Mir schwätze Lëtzebuergesch, och wann d'Preisen eis et anescht virmaache wollten.*

# 't as Wanter

Den Niwwel waalt a fiichte Loen
iwwer de verschneite Flouer.
Et blénkt wéi Tréinen op den Hoen,
an e raschtge Kuebekouer
séngt ëmsoss säin hongregt Leed.

De Wanter laascht op Feld an Heed.
Du kriss de kale Wand ze spiren,
de Schnéi graatscht ënnert dénge Schrëtt.
Lo heescht et sech géint d'Keelt ze wiren!
Du denks un d'Sonn a gës dech nët.

*Jeanine Theis-Kauth*

# Hierscht

Sou wéi e Kleed vu gëschter
Vun Zäit a Matte ganz zerfriess
Zerfällt den alen Äppelter
An dausend bleech-gro Blieder
Verstengert stuurks du op déi faarweg
[Fatzen

Mam leschten Apel um doudegen Aascht
Verdréchent och eis Léift
A fällt lues an de Wanter
Wou si vergiess gët a vergeet
Hannert der direr Heck vun méngem
[Häerz

*Raymond Schaack*

# Am Hierscht

Honnertdausend kleng rout Gecken
u Mullebutz a Spackelhecken,
schwaarz Früchten un all Schléiwenzweeg!

Mer freën äis un de gudden Deg,
well 't sin déi lescht, déi mär nach kréien,
ir d'Hoorgäns nuets géint Süden zéien.

Mat Gold sou steet de Bësch geseemt,
an 't as en Hierscht ewéi gedreemt.
Mee 't dauert nët méi éiweg laang —
an heemlech gët et der scho baang.

*Jeanine Theis-Kauth*

# Ëmsoss

Der Sonn hiirt Liicht verblatzt
am gëfteg giele Schäin
vu krëppelege Kochelen

Geschwë wiisst wonnerlech
aus bloe Lëpsen a gebaschte Bäich
e Feld vu bluddeg roude Feierblummen

An duerch e Borduch
vu Phosphor a vu Flamen
streckt d'Welt hir schankeg Äerm
ëmsoss no Dir

*Raymond Schaack*

# D'Lëtzebuergeschstonn op 7ième

Wie selwer Schoul an engem Lycée hält, oder wie Kanner op 7ième huet, weess et jo: mer hun (nëmmen) eng Wochestonn Lëtzebuergesch, nëmmen op der 7ième.

Doriwwer as scho vill — an zwar kontradiktoresch — geschwat a geschriwwe gin, iwwer d'Léierinhalter an iwwer d'Aart a Weis vum Schoulhalen an där Stonn; a ganz vill wëllen der do matschwätzen: d'Politiker, d'Sproochwëssenschaftler, d'Eltere vun de Schoulkanner — an (dat schéngt mer jo ubruet ze sin) d'Proffen an d'Elève selwer; a wéi bei allem op der Welt: déi eng si fir dës Stonn, déi aner sin dergéint.

— Fir wat?

— Muench vun den Argumenter (derfir oder dergéint) kann ee liicht verstoen, wann een dee praktesche Schoulalldag erlieft:

verschidde Franséischproffen, déi nieft dem Franséischen och déi Lëtzebuergesch Stonn an hir «Tâche» agebaut kruten (z.B. fir e volle Kader ze hun) — heiansdo hun se déi Stonn emol guer nët gefrot — maachen nawell gär Franséisch Grammaire an där Stonn:

— well se soss hire Programm nët ënner Daach kriten;

— well bei hire Septimaner den Niveau am Franséische méi déif ewéi fréier léig;

— well fir vill Kanner — an dorënner vill Auslännerkanner — nët och nach mat enger véierter Sprooch (nieft Däitsch, Franséisch an hirer egener Sprooch) sollte geplot gin.

Vun den Däitschproffen, déi Lëtzebuergesch nieft hirem «Haaptfach» gin, héiert een esou ongeféier déi selwecht Kloen.

Dësen oder dee Kolleg (déi Kollegin) huet mer och alt emol nach ganz aner Saache gesot:

— «Lëtzebuergesch schwätzt jo dach kee méi nom Jor 2000!»

— «Ech ka jo selwer keent.»

— «Déi nei «Schreifweis as mir ze komplizéiert..., ze schwéier... si as alles anescht ewéi logesch...»

— «Eis Sprooch as ewéi eis Identitéit: duerchenaner! An ech wëll d'Kanner nët nach méi dronke maachen...»

— «D'Lëtzebuergescht gehéiert nët an d'Schoul ënnert der Form vun engem Prüfungsfach...»

— «D'Lëtzebuergescht as e Patois, dee mer ënnert eis sollte schwätzen.» (Dës Kollegin huet gemengt: «Mon Dieu, pourquoi pas?», awer e Patois as dach keng «langue écrite», an «dans aucun cas une branche à enseigner»...

— «Wat soll ech da mat hinne maachen? Hiirt Buch as nët gutt... d'Texter aus hirem Buch sin nët gutt gewielt (ze al — nët fir Kanner — ze laangweileg...) ...et sin der nët genuch dran...»

Dir mierkt: mat all eenzel Menung, mat all eenzel Astellung zum Problem (— well dat Ganzt as deemno problematesch —), mat all Kritik misst een sech befaassen — si sin et derwäert! Mee wéi wäit géif dat hei zu Lëtzebuerg féieren? — Bis zu dene berimten anonyme «Leserbriefe an die Redaktion (— ohne Verantwortung derselben)???» — Esou déif wëll ech awer nët réieren — Der wësst fir wat! Eppes fällt jo och alt op: psychologesch gesinn (— erlaabt mer esou ze formuléieren —) as bei eis Proffen alles do: vun der Angscht virun dem (pädagogesche?) Versoen bis zum M'en-foutissem vis-à-vis vum Fach Lëtzebuergesch...!

*

Zu e puer vun denen Äntwerte vu ménge Kollege wollt ech jo awer e puer Wuert soen:

*Eischtens:* et stëmmt (ech schwätzen elo

wiirklech aus der Schoul, d.h. aus Erfahrung): de Programm vu 7ième am Däitschen an nach méi deen am Franséischen, as schreckleech grouss a fir ganzeg vill vun denen Elèven, déi mer erakréien, ganzeg schwéier: an da muss déi Lëtzebuergesch Stonn tatsächlech alt emol dru glewen!!!

*Zwetens:* et stëmmt och, datt d'Lëtzebuergescht fir een, deen ës nët vill — oder ze soe guer keent (dofir gët et jo déi verschiddenst Grënn) kann, terribel kompliżéiert as!

*Drëttens:* eist Buch «Lëtzebuerger Texter» as tatsächlech e bëssen heteroklit: nieft litterareschen Texter (no Schwéierponkten thematesch gegliddert) gët et eng kuurz historesch Aféierung, eng Grimmel Sproochwëssenschaft, e puer Hiwäiser fir mat eisem Dictionnaire ëmzegoen, déi wichtegst Regele vun eisem Orthographe...

Oder fir ze resüméieren: vun allem e bësschen, vun näischt genuch... jee nodeem aus wat fir enger Perspektiv, datt een et kuckt: et as (egentlech) keng Fibel nëmme fir zwielef Jor al Kanner, et as kee Grammäersbuch, et as keng wëssenschaftlech Litteraturgeschicht...

Déi eng vun den Texter gi vu verschiddene Kollegen als almoudesch ugesin, si geséiche gär méi modern, aktuell Lëtzebuerger Texter dra vertrueden (och Extrait-en aus Hörspiller, aus Filmen, aus Kassetten...), aner Kollegen halen drop, déi selwecht «almoudesch» Texter am Buch bäizebehalen, well d'Kanner am Fong sollte wëssen, wéi eis Grousseltere gelieft hun...

Verrode sief, datt un enger Neioplag vu «Lëtzebuerger Texter» geschafft gët. E Grupp vu Proffe këmmert sech drëm. All dëse Kritike soll da Rechnung gedroe gin; mee, Dir mierkt: dat as nët einfach!! E puer Grënn: wann dat Buch an engem bis zwee Joër erauskënnt, dann as et wéi mat allem haut: an där Zwëschenzäit as bestëmmt erëm esou Villes geschriwwen, opgeholl oder verfilmt datt et schon erëm nët méi Up to date as oder (denen engen) zevill elitär an denen aneren ze vill almoudesch oder nët komplett genuch!

Dat huet zwar och säi Gutts: et bleift ewéi d'Wieder — et gët dervu geschwat, derfir an dergéint; Haaptsaach, et bleift an der Diskussioun.

Eppes as awer och doudsécher: ee Buch eleng (wat alles soll fäerdeg bréngen), eng Schoulstonn eleng (vrun de Butzerten op 7ième) kann dach nët verglach gi mat enger Dose Joër Däitsch- oder Franséisch-Couren (Primärschoul a Lycée) — d'Resultat kann dach nët dat selwecht sin!

Grad als opgeklärten, toleranten a gebilte jonke Mënsch sollt een dach an der Schoul eppes Zerguttstertes iwwer séng ege Sprooch, séng ege Vergaangenheet, iwwer déi aktuell Situatioun vum Lëtzebuerger a vum Lëtzebuergesche gewuer gin.

Ech maachen et kuerz: munnech Informatioun iwwer eis Sprooch (z.B. wéisou as et e mëttelhéidäitschen, muselfränkeschen Dialekt mat romaneschem Aschlag?); oder: op wat fir engem zäitkriteschen Hannergronn as de «Renert» ze gesinn? kann dach eréischt om «Cycle Supérieur» am beschte vläicht op der «Section littéraire (A)» zer Sprooch kommen! — Am beschten agebaut (iwwer d'Form bléif ze debattéieren) an de Geschichts- an an den Däitschcouren.

A fir wat dierft déi Matière nët am Première-s-exame gepréift gin? Ech stellen d'Fro!

*

P.S.: nach méi eng speziell Saach:

D'Commission Nationale pour les Programmes en Luxembourgeois as iwregens der Menong, datt d'Lëtzebuergescht keen Datze-Fach sollt gin, wou nëmme schwéier Diktater gemaach géifen, fir de Kanner d'Flemm anzedreiwen.

Eng *kleng* Anung vun dene «legaliséierte» Rechtschreifregele sollten se awer matkréien.

*GjpR.*

# Wann een d'Kapphäre vun eiser Sprooch am Gold kritt…

Jo, wann een d'Kapphäre vun eiser Sprooch am Gold kritt, dann huet ee sécher ganz besonnesch grouss Verdingschter un eiser Sprooch an un esou villem, wat Lëtzebuergesch as… De Comité vun der «Actioun Lëtzebuergesch-Eis Sprooch» war der Menung, datt de President Heng Rinnen e sëllechen op deem Gebitt geleescht hätt. Dofir wollten d'Comitésmêmberen hirem President fir deem säi 75. Gebuurtsdag déi alleréischt vergult Plaquette mam Dicks, dem Lentz an dem Rodange drop, iwwerreechen.
Fir e bësschen ze feieren, haten d'Comitésmêmberen de President Henri Rinnen a séng Famill Mëtt September op d'Thillsmille bei Mamer agelueden. Virum gemittlechen Nuechtiessen huet de Keessier vun der A.L. René Faber an enger kuurzer Laudatio dem Heng Rinnen séng Verdingschter an der Kommissioun vum Lëtzebuerger Dictionnaire an an der «Actioun Lëtzebuergesch-Eis Sprooch», ervirgehuewen. Et wär op dëser Plaz ganz einfach onméiglech, op alles anzegoen, wat de President vun der A.L. geleescht huet. Looss mer dofir jhust dat Wichtegst opzielen:
Am Joër 1971 war den Henri Rinnen am éischte Comité vun der «Actioun Lëtzebuergesch» Vizepresident. Et war 1981, also genee zéng Joër méi spéit, wéi de Grëndungsmêmber vun der A.L. am «Ordre du mérite» ausgezeechnet gouf. 1984 gouf hie President vun däer Actioun, déi sech asetzt fir eis Mammesprooch an domat fir alles, wat lëtzebuergesch as. Och d'Zäitschrëft vun der A.L. «Eis Sprooch» kënnt ënner der Regie vum Henri Rinnen eraus. 1989 war et schon déi zweet, nogekuckt a verbessert Oplo vun der Extranummer «Ueter d'Jor», déi de Mêmbere vun der A.L. — et sin der iwwer 2.000 — Freed gemaach huet.



*Iewescht Rei: Marcel Lamy, Cornel Meder, Robert Siuda, René Faber, Abbé Reckinger, John Rinnen, Jacqueline Rinnen. – Ënnescht Rei: Emil Steffen, Monique Hermes, Heng Rinnen, Maisy Tockert, Lydie Rinnen.*



*De René Faber hält d'«Laudatio».*

«E Merci vun der Actioun Lëtzebuergesch fir dem Heng Rinnen séng Verdingschter ëm eis Sprooch», as op der Récksäit vun däer vergulter Plaquette mat de Kapphäre vun eiser Sprooch drop, agrawéiert, déi d'Monique Hermes dem President vun der «Actioun Lëtzebuergesch-Eis Sprooch» dun am Numm vum Comité iwwerreecht huet. «Wat huet dir mech iwwerrompelt!» sot den Henri Rinnen, dee vun dene ganze Feierlechkete keng Anung hat. Duerno huet de President kuurz iwwer séng — schrëftlech a mëndlech — Aarbecht fir eis Sprooch geschwat. «Ech hun Intressi a Freed un däer ganzer Saach. D'Léift zur Sprooch as mer vläicht an d'Wéi geluegt gin. Ech wëll och weiderschaffen, esou laang, wéi ech kann,» sot hien, éiert hien alle Comitésmêmbere säi Merci fir déi schéi Feierstonn ausgedréckt huet. m.h.

*(Fotoën; Jean Welter)*

# Klengegketen

### Hiirt Matgefill

«Tëschent aarm a räich
as vill Ongläich!»
Si wëssen a schwätzen dervun,
mä si hale wat se hun.

### Am Volleksmond...

...heescht et, datt Leit, déi sech iren
an dat bewosst man, Ligner wiren
a fir en Irtum zouzegin,
dierft ee kee Politiker sin.

### Jogging as besser

En aneren Ech ka kee sech kafen,
aus sénger Haut kënnt keen eraus
a wie sech selwer wëllt entlafen,
leeft Marathon ëm d'Geckenhaus.

*Robert Siuda*

*«D'Schreiwe läit him am Blutt, hien huet eng liicht Fieder...*

# Eng versëlwert Plaquette vun der AL fir de Will Reuland

Op der Musel gët et wuel kaum een, deen en nët kennt. Och doriwwer eraus huet e sech en Numm gemaach duurch säi Schreiwen an duurch säi Schwätzen, de Will Reuland vu Gréiwemaacher, deem d'Schreiwen am Blutt läit, an deen eng liicht Fieder huet, wéi de Président vun der «Actioun Lëtzebuergesch-Eis Sprooch» Henri Rinnen sot. Dat war de 4. Oktober 1989 an der Taverne «Wëlle Mann» an der Stad um Fëschmaart, wou de Will Reuland déi aacht versëlwert Plaquette mat dräi vun eise Gréissten, dem Dicks, dem Rodange an dem Lentz drop, iwwerreecht krut. De Guy Dockendorf aus dem Kulturministère, de Maacher Deputéierten a Buurgermeeschter Norbert Konter, de President, vun der Maacher Kulturkommissioun Raymond Reimen an eng Parti Comitésmëmberen a Frënn vun der «Actioun Lëtzebuergesch» ware bei däer sympathescher Feierstonn mat derbäi.
De President vun der A.L. as op d'Verdingschter vum Will Reuland, deen den 3. Oktober 1920 zu Maacher op d'Welt koum, agaang: Zwangsrekrutéierten an däer fuurchtbarer Zäit vum Zwete Weltkrich, jorelaang Schoulmeeschter zu Greiweldéng, wou hien de Kanner Freed a Spaass fir d'Lëtzebuergescht mat op de Wee gin huet, Korrespondent vu verschiddenen Zeitungen,



*Iewescht Rei: Abbé Reckinger, Pir Kremer, Gil Mandy, Maisy Tockert, Mme Tidd Schroeder, Emile Steffen, Robert Siuda. Ënnescht Rei: Raymond Reimen, Marcel Lamy, Heng Rinnen, Mme Reuland, Will Reuland, Guy Dockendorf.*

jorzéngtelaang Korrespondent vun der Musel um UKW, Mataarbechter vum Lëtzebuerger Dictionnaire, Mêmber vun der Sproochesektioun, Mataarbechter vum klengen däitsch-lëtzebuergeschen, vum klenge franséisch-lëtzebuergeschen Dictionnaire a vum Buch: «Lëtzebuergesch an der Schoul», Haaptmann vun der Zeitung fir d'Wënzer, «Grand-maître» vun der «Confrérie St-Cunibert»... kuurz: «Chantre vun iser Musel».

«Hie spiirt, wat e schreift. En huet séng Musel gär an en hänkt un hir,» sot den Heng Rinnen an en as drop agaang, datt de Will Reuland sech mat zwee Bicher «Jämpi» (1964) an d'«Jämpien» (1965) eng Plaz an der Jugendliteratur eruwwert huet. Och de Fernand Hoffmann huet him a sénger «Geschichte der Luxemburger Mundartdichtung» déi Éierung zoukomme gelooss, déi hie verdéngt.

«Mat eiser Plaquette wëlle mer dem Will, als Kolleg a Frënd, merci soe fir dat, wat en op Lëtzebuergesch geschriwwen a fir d'Lëtzebuergescht geleescht huet. Mir wënschen him, nach laang domat virunzefueren,» sot de President vun der A.L.

A séngem Merci un d'«Actioun Lëtzebuergesch» huet de Will Reuland betount: «Ech wäerd weider schreiwen, esou laang, wéi ech kann,» an deen echte Miseler huet dat Gedicht vum Miseler Wéngchen zum Beschte gin, dat Der op dëser Plaz liese kënnt. Et hätt bal nët anescht si kënnen, well de Will Reuland, deen, deem d'Lëtzebuergescht un d'Häerz gewuess as, as a bleift e Miseler mat Läif a Séil...

*Monique Hermes*



*(Fotoën: Jean Welter)*

Will Reuland

## Den neie Jorgank

Hie läit an sénger schéiner Wéi
a grangelt wéi e klinzegt Kand.
Bal séngt hie manner, dann alt méi
a gët dem Kellermeeschter d'Hand.
Dee wéit dat Këndchen an de Schlof
a strooft et dack mat béiser Minn.
Hien hëlt alt de Stëppchen of,
fir datt et léiert roueg sin.

Vu Woch zu Woch as d'Kand méi brav,
séng Fuselminn gët da méi lous,
séng Wéi as nët méi ugelaf,
et kritt och nët méi bal eng Bouss.
Hatt huet sech gutt un d'Léire gin
a notzt mat Äifer deen Talent,
dat nëmmen hatt an d'Sonn verstin
a soss nach keen sou richteg kennt.

Ma as dann d'Fréijor endlech do,
mat Blummen, Fester a Gedriff,
da komme mir där Saach méi no
an sin déi Wochen um Kiwiff.
Mir wëllen, all dat Kand gesin
vun deem s'am Hierscht geschriwwen hun
déi beschte Sonn wir Giedel gin
an 't hätt ee gaangs séng Freed dorun.

Gil Mandy


# Ja, ja, dat Bauen…

E Mann huet en Haus gebaut. Well hie kleng a schmank wor huet en, fir ze spueren, och nëmmen eng schmuel an niddreg Hausdir dra gemat. Wéi e mam Ustrach a mam Tapisséiere fäerdeg wor an d'Miwwele bal all dobanne woren, wollt en och séng nei Wäschmaschin era plënneren. Mä, o Misär! Den Agank wor nët breet genuch an d'Maschin kruten se fir d'Baschten nët eran. Wat mécht de gudde Mann? E rappt déi schmuel Dir eraus, e mécht d'Lach méi grouss a léisst eng nei Dir asetzen. Duerno huet en d'Fassad nees schlecht a recht ausflécke gelooss, a bannenan den Agank frësch gegipst, gespachtelt an ugestrach. Dat huet natiirlech eng Staang Sue kascht.

De Gips an d'Faarf woren nach nët richteg dréchen, dun huet de Mann sech en neien, méi grousse Killschaf misste kafen. Dee goung och nët eran, well den Agank wor nees ze schmuel. Wat sollt de Mann maachen? E rappt déi al nei Viischtdir eraus, mécht d'Lach nach eng Kéier méi breet, setzt erëm eng nei Dir an, asw. asw. Dat huet en alt nees e Koup Sue kascht.

De Gips an d'Faarf woren elo jhust schéin dréchen an haart, dun huet de Mann sech en neie Klederschaf misste kafen. Neen, dës Kéier wor den Agank breet genuch, mä.. nët héich genuch! Jo, an esou goung dat selwecht Spillchen nees vu vir un. An et huet nach méi en décke Koup Sue kascht, well derbaans wor alles méi deier gin.

Dir mengt elo esou eppes wir nët méiglech an esou en domme Mann kënnt et nët gin. Abee, da kuckt emol eis Stroossen an eis Trottoiren!




Gil Mandy

# Wann ee motzt

De Mischi wor e klenge Bouf deen ëmmer gär gemotzt huet. Scho fir e Méckeschass wor e getouft a bei all Wuert, dat him nët gepasst huet, huet en sech an den Eck oder ënner den Dësch verkroch... an huet gemotzt.

Eng Kéier, et wor Kiirmessondeg an d'ganz Familjen, och déi aus dem Minett, wore prett fir sech un de schéine gedeckten Dësch ze sëtzen. Wéi as et gaangen, hat een eppes zum Mischi gesot, wat deem nët gaangen as oder wor et fir soss eppes, je, de Mischi krut erëm séng Staut an en huet sech ënnert den Dësch verkroch fir ze motzen. Bis op d'Tata aus dem Minett, déi de Mischi gär gezësst hätt, huet ower soss keen sech elo dorunner gestéiert. Si hun sech ugesat a gebafft a gemaufelt, wat gës de wat hues de. Well, wéi et sech fir eng zerguttstert Bauerekiirmes gehéiert, et goufen elauter apaart gutt Saachen opgedëscht an dat nët ze knaps. Dem Mischi ënnert dem Dësch as lues a lues d'Zäit laang gin, besonnesch well et esou gutt an der Stuff geroch huet, an hien ëmmer méi hongereg gin as. Wéi en et op eemol nët méi aushale konnt, du rifft e ganz daierlech vun ënnen erop: «Sot, iesst nët alles! Wann ech ausgemotzt hun, dann hätt ech och nach gären eppes.» — Mä well keen, nët emol d'Tata aus dem Minett, him geäntwert huet, wor de Mischi op eng Kéier ganzeg séier ënnert dem Dësch eraus, an en huet sech brav a manéierlech op séng Plaz gesat.

An d'Moral vun der Geschicht: Wann ee motzt, da muss ee wësse wéini een dermat ophale soll.



Ingrid Buzzetti

# Am Bistro

Déi kleng Bistroën an der Alstadt waren duerch d'Woch nët apaart gutt besat. Déi meescht Männer koume samschdes an d'Wiirtschaft, well et konnt ee méi laang sëtze bleiwen wei op soss engëm Wierteg. An der «Aler Post» souzen dësen Donneschteg eppes méi wéi eng hallef Dose Stammgäscht. Si hu mol méi, mol manner haart diskutéiert. Hei ands do gouf et och rout Käpp, wann een eppes behaapt huet, wat deem aneren nët an de Krom gepasst huet. Sief et aus der Politik oder vum Fussball, d'Menonge goungen alt ëmmer e wéineg ausenaner. Mä dowéinst as een sech awer nët an d'Hoër geroden.

Um aneren Dësch souze véier Männer Kaart ze spillen. Och do goung et mol haart hier, wann een nët sou gespillt huet, wéi deen aneren et gär gehat hätt. Den Ierger doriwwer as mat engem uerdentliche Schlupp Béier erof gespullt gin. De Wiirt souz bei de Kaartespiller an huet nogekuckt, awer och gutt opgepasst, datt kee Spiller virun engem eidle Glas souz. Schliisslech huet hie jo um Gedrénks verdéngt, an nët um Kaartespillen.

Hannert dem Comptoir war d'Serveuse am Gaang d'Glieser ze spullen an ofzedréchnen. Dertëschent huet si mol engem Gaascht missen «Noschub» bréngen. Well d'Schwätzen an d'Kaartespill gin ebe gliddeg Käpp an dréchen Häls. Dobäi as och uerdentlich geféмmt gin. Den décken Damp as laanscht d'Mauere gezun, an de Ventilator nieft der Dir konnt géint déi Wollek kaum eppes ausriichten.

Et as schons géint zéng Auer gaangen, do as en neie Gaascht era komm. Et war e Mann vun ongeféier véierzeg Joër, nët besonnesch grouss, éischter e bësschen déck. Säi rout Gesiicht an séng blénkeg Aen hu verroden, datt hien iwwer den Duuscht gedronk hat. Wéi d'Serveuse koum fir ze froën, wat si dierft bréngen, huet e bësseg gesot: «Eng Drëpp, awer séier!»

De Wiirt huet den neie Gaascht nët weider bekuckt, well am Abléck war him d'Kaartespill méi wichteg.

De Mann hat séng Drëpp huerteg hannert de Kolli geschott an geruff: «Nach en Humpen an eng Drëpp, mä e bësschen dalli!» Elo huet de Wiirt dach gekuckt, wien den ongedëllege Kärel wir. Aha, den do duecht en. Hien huet de Mann e bëssche kannt, Weber housch en, an hie war ewell dacks an der Wiirtschaft gewiescht. Meeschtens huet en e gespuert an hat ewell dacks Sträit mat anere Gäscht ugefaangen. Awer en hat sech nach ni sou opgefouert, datt de Wiirt en hätt missen erausgeheien oder him souguer d'Wiirtschaft verbidden. Sénger Menong no hat de Mann fir dësen Owend genuch Alkohol gedronk, an een Ament huet en sech iwwerluet, ob en him iwwerhaapt nach eppes sollt gin. Awer Geschäft as Geschäft, huet hie geduecht, an soulaang dee keng Dommhete mécht, soll en och kréien, wat e gären hätt. De Wiirt huet sech erëm mam Kaartespill ofgin.

No enger Zäitchen as de Weber opgestanen, huet verstéiert dorëmmer gekuckt, an as mat onséchere Schrëtt bei den Dësch getrëppelt, wou déi Véier Kaart gespillt hun. Do as en hannert engem Stull stoe bliwwen an huet mat sénge blénkegen Aen dem Spill nogekuckt. Eng Zäit laang huet en näischt gesot. Awer wéi deen, dee virun him souz, erëm eng Kaart ausgespillt huet, do huet en de Mond schréi verzun an eppes wéi «Blödsinn» gegrommelt. Vun de Spiller sot keen e

Wuert. Eréischt, wéi sech de Weber kuurz drop erëm agemëscht a «Kannergespills» an «Dierfche-Spiller» gespëttelt huet, as de Wiirt ongedëlleg gin: «Mëscht Iech, wann ech gelift, nët an!» De Weber huet mat der Hand ofgewénkt a gemengt: «Et wäerd ee jo nach dierfen nokucken.» Duerno war e roueg. Mol virlefeg.

Dertëschent war d'Spill op en Enn gaangen. D'Männer hun hier Kaarte gezielt an d'Punkten opgeschriwwen an dorop en Neit ugefaangen. D'Serveuse huet nom Wiirt geruff: «Här Flammang, kommt wann ech gelift en neit Faass Béier opschloen!» «Ech kommen», huet de Wiirt geäntwert, as opgestanen an am Keller verschwonnen.

Déi véier Männer hu viru gespillt. De Weber huet bei den éischten zwou Ronnen näischt gesot, awer wéi deen, dee virun him souz, et war de Müller Paul, e Mann vun ongeféier 25 Joër, — séng Kaart ausgespillt huet, war en erëm nët zefridden: «Dat, dat do as jo nët gespillt. Fir wat...?» Elo huet de Müller de Kapp gedréit an zimlech stronzeg gesot: «Halt lo mol de Bak! Wie spillt hei, Dir oder ech? Dat dommt Draschwätzen hun ech um Stréch.» Rosen huet hie viru gespillt.

De Weber as e Schratt zeréck gaangen an huet d'Hänn an d'Boxentäsche gestach. Knaschteg huet e gelaacht an dem Muller schréi an d'Kaarte gekuckt. Béis sot hien: «Dat do as dach guer näischt! Lo huet deen Tromp-Äs a spillt méi eng kleng aus! Wat bas Du e Klinki!»

Lo as de Müller obgebraust. Dat Draschwätze wir jo nach gaangen, awer datt dee seet, wat hie fir Kaarten huet...

Hien huet d'Kaarten op den Dësch geluegt, sech op séngem Stull ëmgedréint an den aneren ugeranzt: «Non di Kass, lo häls du de Bak soss...» «Soss wat, he? Soss wat?» huet de Weber gëfteg gesot.

Nu jee, et war dem Müller ze domm mat dësem Kärel zu streiden. Hien huet sech erëm dem Dësch zougedréint, séng Kaarte geholl a gemengt: «Wie spillt aus?»

Dat do huet awer dem Weber nët gepasst. Hie war haut fir ze streiden opgeluet an huet richteraus Kaméidi gesicht. Duerfir huet e weider geknoutert: «Hues de Aangscht, Jéngelchen, nëmmen déck téinen an soss — soss näischt hee? Boxe-, Boxeschësser!»

Dat war zevill fir de Müller. Hien as hellewech opgesprongen, an huet säi Stull dobei ëmgeworf. De Weber war esou erféiert, dat en zwee, dräi Schrëtt hannerzeg gaangen as. Geféierlech lues sot de Müller: «Wann s de dech lo nët gës, schloen ech dech zesummen.»

«Pol, looss dach den Topert, dee weess jo nët, wat e seet. Deen huet dach däermoossen eng hänken. Komm a sëtz dech erëm!» De Pol huet en Ament iwwerluet, duerno säi Stull opgehuewen a wollt sech sëtzen.

«Hëlleft, hëlleft him lo nach dem Fäertert!» huet de Weber gebläert, «nëmmen Dir sid jo alleguer déi selwecht Efalten!»

Elo hun och déi aner Leit ugefaangen dër Geschicht interesséiert nozukucken.

«Bo- Boxe- Boxeschësser!» Bäi all Wuert as dem Weber säi Gesiicht méi rout an säin Otem méi schwéier gin.

Lo as de Muller explodéiert. Boxeschësser a Fäertert, neen, dat wollt hien sech nët soe loossen. Och nët vun engem Vollert.

Hien as lues op en duer gaangen an huet séng Fäischt gehuewen. De Weber as no hannen ausgewach, ëm en Dësch erëm, an huet vun do aus geruff: «Komm nëmmen, du Schoofskapp! Du traus dech jo dach nët!»

De Weber huet gekäicht, a säin Otem goung ëmmer méi kuurz.

De Müller gong lues ëm den Dësch erëm: «Waart, ech weisen dir lo, ob ech mech trauen.» De Weber as weider ausgewach: «Komm nëmmen, ech fäerten nët wei s Du.» Lo war e mat séngem Hannerzegtrëppelen un der Wand ukomm, a konnt nët méi weider goën. «Komm, du Näischnotz». Säi Gesiicht war kriibsrout an hie konnt kaum méi ootmen. Séng Lëpse waren blo gin, séng Aen hat e wäit opgerappt.

An der Zwëschenzäit as de Wiirt aus dem Keller erëmkomm. Verwonnert huet hie gekuckt, wat do gespillt gouf. Hie war zwar

gewinnt, datt et mol haart hier goung, mä dat do huet nët gutt ausgesin. Wann de Müller, dee soss, dach e rouegen an virsiichtege Mann war, esou an en Äifer kënnt a mat Fäischt op een duergeet, da muss hie schons eng Ursaach an eng onheemlech Roserei hun. De Weber hat jo virdrun an engem Stéck gestëppelt wéinst dem Kaartespill. Sollt hien dann elo zevill gesot hun? Eppes wat de Muller nët verdroën huet? Datt de Weber, wann hie gedronk huet, kee Kammouden as an dann och nët méi weess, wat hie seet, war dem Wiirt bekannt. An datt säi Gesiicht ëmmer e bëssche rout an säin Otem kuurz as, dat war och gewosst. Awer sou, wéi deen elo ausgesäit…

De Muller stoung e puer Schrëtt virum Weber. Dee war mam Réck un der Wand, huet ugestrengt gekäicht an dertëschent dem Müller Frechheten un de Kapp gehäit. Lo as et dem Muller déck duer gaangen. Hien as sénger Roserei bal nët méi Meeschter gin. Hie wollt scho schloen, fir de miserabele Kärel endlech roueg ze kréien, hat séng Fäischt nach nët uewen, do as him plötzlech, — fir wat konnt hien duerno nët soen, — eppes duerch de Kapp gefuer, wou hien zënter Joren nët méi dru geduecht hat: ziel fir d'éischt bis zéng! An esou rose wéi hie war, hien huet dësem Gedanken no gin a fir sech ugefaangen ze zielen «een, zwee, dräi…»

Hie war nach nët weiderkomm mat Zielen, do huet de Mann, dee virun him un der Wand stung a jhust nach eng Onverschimtheet eraus gewiirgt hat, sech mat den Hänn un den Hals gegraff an no Loft geschnaapt. Dobäi huet en d'Aen elle verdréit. Hie wollt eppes soen, awer méi wéi e Käichen huet en nët fäerdeg bruecht. Op eemol hu séng Knéie versot an hien as lues op de Buedem gefall. Mat der enger Hand huet e verzweiwelt versicht un der glater Wand eng Upak ze fannen, mat der anerer huet en nach ëmmer u séngem Koll gerappt. Hien huet nach eng Kéier, wéi fir ze jäizen, de Mond opgerappt, duerno huet en d'Hänn fale gelooss a säi Kapp as op d'Säit gerëtscht. Mat oppenem Mond an eidlen Aen huet en an d'Wiirtschaft gestierkst.

De Müller huet op hien erofgekuckt a vergiess weider ze zielen. De Wiirt as erféiert a koum séier gelaf: «Oh mei, wat as dann lo geschitt?» Hien huet sech gebéckt a gefrot: «As et lech nët gutt? Da sot dach ëppes!» Awer de Weber huet nët geäntwert. «Mäi Gott!» huet de Wiirt gepëspert, «dee wäerd dach nët…»

Lo koum nach en anere Mann erbäi, huet sech niewent de Weber geknéit an him de Bols gefillt. No enger Zäit huet en de Kapp gerëselt an de Wiirt laang bekuckt, huet d'Häerz ofgelauschtert. Bal ouni Stëmm sot en: «Ech mengen, deen as dout.» De Müller stoung nach ëmmer op der selwechter Plaz. Lues huet e séng Fäischt opgemeet an d'Hänn bekuckt. Si hu geziddert. An nëmme lues huet de Pol begraff, wat geschitt as. — Et as him bal schlecht gin.

De Wiirt an déi aner Männer stougen zimlech verdattert ëm de Weber a wousst en nët richteg, wat se maachen sollten.

«Mir mussen den Dokter ruffen, vläicht kann deen nach hëllefen.»

«En Dokter, jo!…»

De Wiirt as hannert de Comptoir gerannt fir ze tëlëfonéiren. An der Opregong huet e bal d'Tëlëfonsnummer vum nächsten Dokter nët fond, a fir d'Nummer ze wielen huet en zweemol missen ufänken. Awer wéi et as, wann een en Dokter brauch…

Deen do war, wéi et schéngt, nët doheem oder huet den Tëlëfon einfach nët opgehuewen. Et war jo schons méi wéi halwer eelef. Nervös huet de Wiirt eng aner Nummer gesicht. Ee vun de Männer huet gemengt: «Du häss besser direkt d'Police unzeruffen an ze soen wat geschitt as. Déi wäerde jo och en Dokter schécken!»

«D'Police? Wéinst engem, dee vläicht nëmme vu sech as? Ech wëll mech jo awer nët lächerlech maachen! Neen, neen, ech fannen nach en Dokter!» Et gong dem Wiirt nët ëm d'Lächerlechmaachen, mä wien huet schons gären d'Police a sénger Wiirtschaft! Beim drëtten Dokter hat hie Gléck, dee

wollt sou séier wéi méiglech kommen. Ob de Mann awer nët nëmmen duurch den Alkohol vu sech wir? Wéinst engem Volle kéim hien dach nët extra an d'Stad.
Mä de Wiirt huet gejomert, dee Mann wir nët nëmmen voll, an hie kënnt wuel ënnerscheden tëschent engem, deen eng Hänken hätt, an engem dee soss vu sech vor. Vum Doudsin, sot en näischt.
D'Männer stoungen erféiert ronderëm. D'Serveuse hannert dem Comptoir huet d'Hänn op de Mond gedréckt a mat opgerappten Aen de Mann, deen um Buedem lung bekuckt. De Müller souz op séngem Stull an huet ëmmer nees de Kapp gerëselt. Wat hie méi driwwer nogeduecht huet, desto méi huet et hie geschuddert.
No enger Véierelstonn koum den Dokter. Hien huet de Weber kuurz ënnersicht a gesot: «Jo, de Mann as dout. A wat ech bis lo ka soen as, datt hien un engem Häerzschlag gestuerwen as. Awer mir mussen d'Police komme loossen. Kann ech tëlëfonéiren?»
Et gong dem Wiirt onheemlech géint de Stréch, datt d'Police lo awer huet misse kommen. Mä wat sollt hie maachen?
Fënnef Minutte méi spéit war d'Police do. Den Dokter huet kuurz gezielt, wat hie festgestallt hat. De Kommissär huet mësstrauesch gekuckt a gemengt: «Häerzschlag, sot Dir? Sid Dir ganz sécher? War et keng Kläpperei? Et weess ee jo, wéi et an de Bistroën zou geet.» De Wiirt krut e roude Kapp: «Bei mir gët et keng Kläppereien, — bal keng! An haut, jo, et huet ausgesin, wéi wann et kënnt geféierlech gin. Awer nëmme wéinst deem do — hien huet op de Weber gewisen — de ganzen Owend huet e gestëppelt a sech an d'Kaartespill gemëscht. Ech hat en e puermol gestéiert, awer et huet näischt gedéngt. Duerno sin ech an de Keller gaangen, fir e Faass Béier opzeschloen, a wéi ech erëm koum, as de Weber jhust zesummegefall. Et war awer keen, deen hien ugepaakt huet.»

«Sou, et huet also keen en ugepaakt? Dat kann duerno jiddferee soen. An hien as einfach esou zesummegefall? Dat as dach gelungen.» Elo huet sech den Dokter agemëscht: «Neen, dat as guer nët gelungen, de Mann as wiirklech un engem Häerzschlag gestuerwen. Dir gesitt jo selwer. Hien huet guer keng Wonnen, an och soss weist näischt op e gewaltsamen Doud hin. Awer kuckt iech de Mann mol gutt un! Zimlech déck, waarscheinlech Häerzverfettung oder soss Häerzkrank. An et kann ee bal mat Sécherheet soen, datt en Alkoholiker war. Haut schéngt en och nach vill gedronk gehat ze hun. Mä dat wäerd dann déi geriichtsmedizinesch Enquête ergin. Fir mech as den Häerzschlag keng Iwwerraschung. Héije Bluttdrock an décke Sträit, deen hie selwer ugefaangen huet, do brauch et dann nët vill, bis d'Häerz nët méi wëllt.»
Dorop sot de Wiirt: «Et as ganz genee esou wéi den Dokter seet. A mir sin alleguer Zeien datt den Här Müller — hien huet op de Pol gewissen — nët drageschloen huet. Grond dozou hätt hie wiirklech gehat. Awer deen do as zesummengefall, ouni datt een hien ugepaakt huet. Stëmmt dat!» D'Männer hun alleguer mam Kapp gewénkt, kee sot ee Wuert. «Jo, a wat mengt Dir dozou?» huet de Kommissär dun de Muller gefrot. «Fir wat hat Dir Sträit mat dem Mann?»
De Muller huet e puermol déif geotemt a sot: «Deen huet sech ëmmer an eist Kaartespill agemëscht. Dat wir jo nët schlëmm gewiescht, et gët jo sou Stëppler. Awer wéi en ugefaangen huet d'Spill ze verroden a mir Frechheten ze man, do sin ech rose gin. An ech hätt e wiirklech geschloen. Mä ech hun en Ament gezéckt. An du huet hie schons d'Ae verdréint an as zesummegaangen. Awer ech hun en nët ugepaakt. Dofir hun ech, Gott sei Dank, Zeien.»
De Kommissär huet e skeptisch bekuckt: «Sou, Dir huet also gezéckt, éier Dir drageschloen huet? Bosseg, soss iwwerleet een an der Roserei nët laang. Fir wat huet Dir dann nach gezéckt?»

«Mm, Ech hun — einfach esou. Ech weess et nët méi.»
De Pol huet sech op eemol bal geschummt, datt e fir d'éischt nach wollt bis zéng zielen. Dat gong jo de Polizist näischt un.

D'Haaptsaach war, hien hat nët drageschloen.
«Dann as de Fall jo kloer. — Huet Dir een Zëmmer, wou een de Mann kann hileën. Ech suergen dofir, datt een e sichen kënnt. Elo muss ech nach de Protokoll ophuelen. Dat as esou Virschrëft.»
De Müller hat no dëser Opregong keng Loscht méi fir weider Kaart ze spillen, a séng Kollegen och nët. Mat engem Doudegen hannenaus, — neen, dat war nët besonnesch gemittlech. De Pol huet nach gewaart bis de Polizist mat séngem Geschreifs fäerdeg war an him sot, hie kënnt lo goen. Mat ziddrige Been huet en sech op dem Heemwee gemat. Dobäi as him déi ganz Saach nach eng Kéier duerch de Kapp gaangen. Mäi Gott, wéi wir dat ausgaangen, wann hien nët — fir wat huet en och lo nach nët gewosst — virum Draschloën nach bis zéng hätt wëllen zielen. Bäi dësem Gedanke sin dem Pol d'Schudderengen de Réck erofgelaf.

---

Nic Angel

# Well d'Krankekeess bezillt et jo…

An der Zeitong stong ze liesen,
't koum um Radio op d'Tapéit,
dass keng vun eise Krankekeessen
den Defizit nach laang verdréit.

***

Deet dir de Mo, vum ville Jhicken,
mol, an der Nuecht, eng Grimmel wéi;
spiirs du ëm d'Häerz en drolegt Picken,
hues du kee gudde Stullgank méi.

Geet dir déng Schwéiermam op
[d'Schlappen
a läit, doduerch, e Fuurz der queesch;
spiirs du am Réck e leedlegt Rappen
bas du ëm d'Nues eng Grimmel bleech.

Hues du de rechtse Fouss a Fatzen,
a liicht geschwollen dee vu lénks
muss du alt, muerges fréi, mol katzen
vum villen Iessen a Gedrénks.

***

Dann heescht et guer nët laang ze zécken,
well 't si jo schliisslech Doktren do,
do brauchs du glat nët vill ze zécken,
well d'Krankekeess bezillt et jo.

Den Dokter wäerd sech scho beméien,
verschreift der Pëlle gréng a blo
géi an d'Apdikt, fir se ze kréien
well d'Krankekeess bezillt et jo.

***

Zwou eeler Joffere vu Platen,
déi waren do ganz schéin am Coup
well jidder méindesmëttes haten
déi zwou beim Dokter Rendez-vous.

Da souzen se am Wartezëmmer,
wou et jo ganz gemittlech as,
si hu gepotert a bal ëmmer,
am léifsten aner Leit beschass.

Den Dokter huet beim beschte Wëllen,
keng Krankheet bei den zwou entdeckt;
hie verschreift alt harmlos Pëllen
an huet se dann nees heem geschéckt.

***

Hei, een Dag as dat hei passéiert;
't huet eng gefeelt vun denen zwou;
déi aner as eng Grëtz erféiert
a koum sech dëes glat nët zou.

D'Woch drop war alles nees beim alen,
déi zwou hu wéi virdru geschnëesst;
déi eng, déi konnt sech nët enthalen;
«Ech hun iech d'lescht Woch hei vermëesst.»

«Majo», seet déi, «dir wäert vläicht laachen,
haut geet et besser, Gott sei Dank,
d'lescht Woch war wiirklech näischt ze
[maachen,
ech konnt nët kommen, ech war krank.»

*Nic Angel*

# Krëschtdag 1989

Et richt no Krëschtdag an de Stroossen.
Dännebeem stin op all Plaz,
heiandsdo wéi gottverloossen,
e Schloff fir eng veriirte Kaz.

Mä d' Vitrinen, wéi se blénken,
wéi se lackele fir de Kaf!
A wéi schéin och d' Keesse klénken,
puppsat bis zum Iwwerlaf.

'T as jo haut esou: 't muss ee schenken,
bal mat Freed, bal mat Verdross.
'T kann een un näischt aneres denken,
't dréit sech alles ëm de Goss.

Krëschtdag! Fréier wor et manner,
vill méi einfach, vill méi schéin.
Mä du wore mir nach Kanner. —
'T kënnt mir eppes wéi eng Tréin.

*Gil Mandy*

# Krëschtdag

Ëm kee Fest, dat mir kennen,
gët esou en Dausch gemaach.
Millioune Liichter brennen
a maachen d'Nuecht zum Dag.

't gët soss kee Fest, wou d'Mënschen
sech all esou gutt verstin.
An 't kann een nëmme wënschen:
Sou soll et ëmmer sin.

Well e puer friddlech Stonnen,
déi maachen d'Welt nët nei.
Domat as näischt gewonnen,
an 't geet och näischt an d'Rei.

Dës Welt as voll dës Uergen,
schon zënter si besteet.
Et as un eis ze suergen
fir manner Nout a Leed.
Datt all déi Rechter gëllen,
déi um Pabeier stin.
Mat Léift a gudde Wëllen
misst dat ze maache sin.

Schaaft Fridden ouni Waffen,
soss si mir arem drun.
Ma jidd'ree muss mat schaffen,
grad dorop kënnt et un.

Well 't kann een dann eréischt soen:
't as Fridden an der Welt,
wa mir eis all verdroen,
wann een zum an'ren hält.

*E. Arnoldy*

# Kabaret


*De Pir Kremer huet 70 Jor...* dat wor de 17. August 1989, well hien as de 17. August 1919 zu Käerch op d'Welt komm an huet do deen éischte Kreesch gedon.

An déi 70 Jor sin am Kapezinnertheater den 20. an de 27. Oktober 1989 mat engem Owend a mat dem Kréimesch Pir séngc satireschen a kabarettisteschen Texter vu Membre vum Kabaretten-ensëmbel an och dem Lëtzebuerger Theater gefeiert gin. Et woren Owenter, déi dat esou richteg duerbruet hun, wat de Pir an dene laange Joren un Texter fir d'Revuën, d'Fues- a Sylvesterrevüe geschriwwen huet. Et solle séng bescht Texter gewiescht sin, ob dat nun esou as, dat duerf ee sech froen, well hien huet will méi gutt Saache vu sech gin, ewéi déi, déi do gutt opgesot goufen. Et konnt een Tréine laachen. De Pir Kréimer as ueter d'ganzt Land bekannt, an dat nët fir d'lescht mat séngem «Staminet», deen hien zënter dem 7. Juni 1964 all sonndes owes géint siwen Auer am Radio zum beschte gët, sou datt «de Staminet säi (dem Land) soziaalt, politescht a kulturellt Gewëssen as», wéi de Léon Blasen hien am Télécran No 5, 1986, an der Serie «Wousst Dir et?» schreift. Et duerf ee sech sécher froen, ob et nach een am Land soll gin, deen nët emol den UKW, haut 92,5, opgedréit huet, fir do de Pir mat séngem Kolleg Meyer, der Tata Sidonie an dem Emmeli nozelauschteren.

A fir séng 70 Jor as am Verlag «Phi» och engt klengt Bichelchen* erauskomm an deem een sénger (beschter) Sketcher a Gedichter liese kann an de Léon Blasen de Pir Kremer virstellt: «Een Humorist a Satiriker», an deem Artikel as alles gesot, wat iwwer de Pir ze soen as. — De Léon Blasen huet iwregens och d'«Laudatio» am Kapezinnertheater gehalen.

Nun, d'Actioun Lëtzebuergesch huet nët gewaart bis de Pir Kremer 70 Jor al gin as, well si huet him ewell zjor, 1988, mat deer versëlwerter Plaquette Dicks-Rodange-Lentz merci gesot, fir séng Verdéngschter an eiser Sprooch, an hien dofir du op séng Manéier mam Gedicht vum «steiwe Buedem un de Schong» säi Merci ausgedréckt huet. An déi Wënsch, déi deemools ausgesprach si gin, sollen hei widderholl gin: Nach laang Jore Gesondheet an nach laang esou viru kënnen ze fueren, sou wéi hien et bis elo gemaacht huet.

***




*) *Pik-as,* fir dem Pir Kremer séng 70 Jor (an deem och eng Parti Leit hir Gratulatioune fir déi Geleënheet duerbréngen). 117 Säiten. 150 Frang.

Loose mer nach opzielen, wat bis haut vu «Kabarä» ugekënnegt as gin: 150 Jor emol anescht gekuckt. «D'Mëllusina vum Null-Bock», eng Kabaroperatheaterevue vum *«Kabaret JB»*. Première de 4. Oktober 1989. De Josy Braun verstoppt sech hanner dem «JB» an et heescht an enger Bespriechung: «an dichten a virun allem reime kann de Josy Braun».

***

De *Kabarä schuko* huet «Am Dierfgen» den 29. September 1989 «Schnëss-Stécker» vum Jemp Schuster fir d'éischt gespillt. «Schnëss-Stécker» as honnertprozentege Kabaret, heescht et an enger Bespriechung.


Nach ir d'150-Joër-Feieren eriwwer sin bestellt nach 1989
als Cadeau fir den 150 Joer onofhängege Wantermount

e Buch mat Lëtzebuerger Texter
vum JHEMP HOSCHEIT

**Aus alle Wollecken**

**Zeechnungen François Didier (diti)**

150 + 250,- Frang
150 – 14 Säiten
150 – 100 satiresch Texter, Szenen a Lidder am Egeverlag

CCP 48651-54 Jhemp Hoscheit
Esch-Uelzecht


# Mir gratuléieren

*Lex Roth,* fir de Grand officier dans l'Ordre du Mérite;

*Cornel Meder,* fir de Commandeur an der Couronne de Chêne;

*Henri Rinnen,* fir den Officier an der Couronne de Chêne

***

Mir wënschen nach laang e Koup gesond, glécklech an zefridde Joren:

dem *Bosseler Néckel* vu Märel, deem äerdege Geschichtsfuerscher an deem feirege Resistenzler, dee wuel d'Hand am Spill hat, fir déi Märeler Broschür fir de «Monument du Souvenir vu Märel», déi ganz op lëtzebuergesch eraus koum, fir séng 85 Jor;

dem *Armand Schleich,* dem Mac, fir séng 80 Jor, dee mir am Krich vu London aus am Radio gehéiert an dat esou gär heemlech nogelauschtert hun; och wa mer d'Zäit laang kritt, éier mer de Nazië lass si gin wann et vun do geheescht huet: «haalt hinnen de Bass, dir sid hinne geschwë lass», da wor et dach e groussen Trouscht ze héieren, datt an der fräier Welt un äis geduecht as gin a mir nët vergiess woren;

dem *Jos. Bour* fir séng 80 Jor, deen op esou ville Gebitter doheem as, Lidder gesimmelt huet an den drësseger Jore fir dem Nic. Thill säi «Singendes Volk», an 1985 an der Sproochsektioun «Virnimm an 300 Jor» publizéiert huet.

## Generalversammlung 1990

10. Mäerz, 3 Auer, Brasserie des Capucins, Lëtzebuerg

# Theaternotizen

An «Eis Sprooch» as vun 1978/79 un ze soen all Jor eng Rubrik gewiescht iwwer den Theater, déi d'Joffer Wolter ugefaangen hat, an deer mer dat opgezielt hun, wat dorëmmer ueter d'Land gespillt as gin. Et gouf och opgezielt, wien a wat fir Theaterstécker an der leschter Zäit geschriwwe si gin. An der Nummer 25 huet de Marc Herman en Theaterkatalog bruecht aus deem een esou wäit wéi méiglech dat gewuer konnt gin, wat ee vu Stécker wësse sollt. Dobäi as wuel dësen an deen iwwersi gin. Een dervun as de Will *Flener*, deen um Bridel wunnt, an 20 Stécker geschriwwen huet un déi haut erënnert soll gin.

***

An deer selwechter Nummer gouf op de Schoulttheater vum Belair higewisen, «Schoultheater wäerd et wuel nët vill am Land gin», huet et do geheescht. Do musse mer äis awer korrigéieren, well mir kruten e léiwe Bréif mat enger Invitatioun vun der Schoul vun der Schanz, wou d'5. an 6. Schouljor all Jor hiren Theater- a Kabaretsowend, an dat ewell 6 Jor laang, hun. Mir sin du op hire Kannerkabaret fir den 28. Mee agelude gin, eng Invitatioun, déi vun den Akteuren alleguer ënnerschriwwen as. Si schreiwen e.a.: «Zënter 6 Jor spille mir elo scho selwer geschriwwenen Theater. Esou schlecht kann dat, wat mir spillen, och nët sin, well soss wir den Här Minister Boden dëst Jar bestëmmt nët kucke komm». Dir musst entschëllegen, léif Kanner, datt mer näischt vun iech Theaterspiller gesot hun a mir maachen et wéi dir et gär hätt: «mir maachen eis Lieser och eng Kéier op ären Theater opmierksam».

***

Wann hei virdru gesot as gin, datt d'Kanner selwer hir Stécker geschriwen a gespillt hun, da wëlle mer awer och festhalen, datt et Theater *fir* Kanner gët, déi awer vun Erwuessene gespillt gin. Een dervun as de Kannertheater «Jaddermunnes», Grupp, deen den 22. Oktober 1989 zwee nei Stécker vum Jemp Schuster am Kapezinnertheater an der Stad Lëtzebuerg gespillt huet. Dat eent as «Mira», d'Geschicht vun engem klenge Meedchen, dat nët richteg zefridde mat sech selwer as. Dëst Matmaach-stéck, fir Kanner vu 4 Joër u, krut 1988 deen éischte Präis am Concours Kannertheater vun der Stad Lëtzebuerg. Am zwete Stéck «Streisel & Strummen» geet et ëm dräi Kanner aus engem groen Haus, wou alles verbueden as. Et as e Stéck fir kleng, awer speziell fir méi grouss Kanner, wou all Kanner mathëllefe kënnen. Gespillt hun: Josée Burg, Mady Durrer, Anne Mager, Serge Tonon a Jemp Schuster; Musek: Balli Baldauff. Dekor: Jack Dedye; Kostümer a Poppen: Sylvie Weis; Regie: Mady Durrer a Jemp Schuster.

Sou huet et an der Invitatioun am Oktober geheescht. Méi iwwer de Kannertheater kann een am Artikel vum Henri Losch am Buch «25 Jor — Théâtre Municipal Luxembourg» liesen.

***

Et muss awer hei ernimmt gin, datt d'Stad Lëtzebuerg 1981 an 1988 e Concours ausgeschriwwen hat fir nei Stécker fir de «Kannertheater» an zënter Joren Theater fir Kanner an der Stad gespillt gët, e.a. Stécker vum René Weimerskirch, Nowe... Dee Concours as geducecht fir Stécker ze kréien, déi fir Kanner als Aféierung an den Theater gëlle sollen, huet et geheescht.

Et si véier Kategorië virgesi gewiescht: I. Text op lëtzebuergesch fir Kanner vu 4 bis 6 Jor; II. Texter op lëtzebuergesch fir Kanner vu 7 bis 8 Jor; III. Texter op däitsch fir Kanner vun 9 bis 10 Jor; IV. Texter op franséisch fir Kanner vun 11 bis 15 Jor.

Et si Präisser vu 40.000 Frang fir all Sproochekategorie ausgesat gin, dernieft Encouragementspräisser vun 20.000 Frang a fir Autorerechter 15.000 Frang fir dat Stéck, dat opgeféiert gët.

Et si 15 Texter agescheckt gin, dovun 13 op lëtzebuergesch, eent op däitsch an eent op franséisch. Den éischte Präis krut de Jhemp Schuster fir d'Theaterstéck «Mira» (Kat. I). Dee selwechten Autor Jhemp Schuster krut en Encouragementspräis fir d'Stéck «Zapperdilapper» (Kat. II). De Jhemp Hoscheit krut zwéin Encouragementspräisser fir séng Stécker «De Schleck sicht en Haus» a fir «Robot» (franséisch). D'«Mira» gouf fir d'éischt den 23. Februar 1989 gespillt, Virstellunge woren nach am Mäerz an am Abrëll.

D'Initiativ vum Concours hat de Grupp «Animation culturelle dans les écoles». Am Jury woren: Micheline Schmit-Noël, Heng Losch, Aloyse Ramponi, Martin Strauss an Norbert Berens.

***

Am Kader vun den 150-Jor-Feiere wor zu Betebuerg eng grouss Kannertheatervirstellung. D'Schoulkanner aus der Gemeng Betebuerg hun am Collart-Schlass d'«Prinzessche Rousemëndchen» gespillt. Et as e Mäerchespill a 4 Akten, dat d'Melanie Georges geschriwwen huet an «dem deemolege Krounprënz Jean zouerkannt» as.

Gespillt gouf den 11. Juli, fir d'éischt, bis de 14. Juli fir d'Schoulen aus der Gemeng.

***

Zu Buerglënster gouf freides, den 9. Juni 1989, de «Rumpelstilzchen» fir Mammendag an de 14. Juni fir d'Amiperas vun de Schoulkanner gespillt.

***

De Belairer Schoultheater beklot sech ellen an engem Bréif un d'Stater Gemeng driwwer, datt si hiirt Stéck «Pollo», geschriwwe vun der Gisèle Dupong-Mreches, nët am Kapezinnertheater spille kënnten, well se nët an hire Prouwesall kéimen an dofir déi Virstellunge missten ausfalen, déi geplangt wore fir de 14. a 15. Oktober 1989.

***

Datt d'Massendénger Theater spille géifen hätt ee wuel kaum ugeholl. Mä dat as de Fall gewiescht zu Iechternach, wou si de 15. Oktober am Veräinshaus gespillt hun: Eng Pantomim; Eng gelunge Schoul; Den Eilespigel.

***

Am Kapezinnertheater as fir d'Saison 1989/90 fir d'Kanner virgesin: «Haut as Päiffenneijooschdag» vum Pit Hoerold (8.10.1989); de «Pollo» huet missen ausfalen (14. a 15. Oktober); «Mira» a «Streisel a Strummen» vum Jhemp Schuster (22. Oktober 1989); «Gnome Hurlipur» duurch den Tanztheater Regenbogen (12. November 89); «Aladin und seine Wunderlampe» duurch Schwarzes Theater, Zürich; «Chin-Dah» duurch d'Kannerspillgrupp «De Kuckuck».

***

Iwregens, de Kapezinnertheater huet fir 1989/90 um Programm: «De Schantchen» vum Nico Helminger (Première den 11. November 89); «Villa Fina» vum Andréi Duchscher, beaarbecht vum Frank Feitler (Première 3. Mee 1990).

Am neien Theater (Stater Theater) sin 3 lëtzebuergesch Stécker ze gesinn: «Eldorado» vum Ed. Maroldt; «En Apel fir den

Duuscht» vum Norbert Weber (Première 24. Oktober 89); «De Schäffe vum ale Maart» vum Tit Schroeder (Première 17. Januar 1990).

***

A propos «Eldorado», d'Stéck as fir d'éischt op dem Welzer Festival den 8. Juli 1989 gespillt gin. En Theaterjux, wéi den Auteur Maroldt et am Ënnertitel nennt. Et huet, leider, deen Owend fatzeg gereent, mee d'Spiller, an d'Leit, hun duer- an ausgehalen a waren all, de Renzensioune no ze uurtelen, trotzallem zefridden. Et gouf de 4. Oktober zu Esch an dono am Stater Theater nees gespillt; déi allerlescht Opféierung wor de 14. Oktober an der Stad.

***

Den Escher Theaterclub «Liewensfrou» spillt an dëser Saison zwee Stécker: «Larifari» vum Jhengi Fohrmann (21.12.89, Première); «Duerfgespréich» vum Jhemp Schuster (8.2.1990, Première); dann as d'Liewensfrou derbäi beim Kabaret: D'Léift as... — D'«Liewensfrou» huet den 11. Februar 89 d'Stéck «Konveniat» gespillt dat den Emil Angel inzenéiert huet a vun enger «verjéngter» Trupp gutt duerbruecht gin as.

***

Déi Escher «Kulturfabrik» huet an hirer leschter Generalversammlung 1989 en neie Comité gewielt, Presidentin Marianne Jost. An deer «Kulturfabrik» sin d'Gruppe vertrueden: Theater GmbH, Kinosch, Galerie Terre Rouge, Fraentheater, JAM-Jazz am Minett, Fotokollektiv am Schluechthaus, Nazz-Nazz.

***

De 17.2.1989 as am Kapezinnertheater «Wat d'Hemecht as... — en Owend mat Texter a Lidder vu gëschter an haut» opgeféiert gin. Figur an Texter vum Guy Rewenig, an deem och Texter vum Dicks, M. Lentz, N.S. Pierret, M. Rodange, Tit Schroeder, Wëllem Weis, Nik. Welter, Pol Greisch, Leopold Hoffmann, Roger Manderscheid a Guy Rewenig mat verschafft se gin. Musek zesummegestallt vum Fernand Mathes, Regie Frank Feitler.

***

Och am Kapezinnertheater gouf de «Renert» vum Michel Rodange an enger neier, gudder Versioun opgeféiert.

***

Zu Mamer huet d'Theaterkëscht, Gemeng Mamer «De Schéifer vun Aasselburen», Patronage Ministère vun de Kulturelle Saachen a Gemeng Mamer, mat vill Succès den 23., 24. a 25. Juni 89 opgeféiert.

Den Alain Atten hat fir dem Batty Weber säi Stéck extra e Monolog iwwer déi stënterlech Gewalt geschriwwen, déi deemools ugaangen as. Gespillt gouf an de Réimeschen Thermen, Regie hat de Jos. Braun. D'Kritike woren an den Zeitungen duurchewech all gutt.

***

D'Theaterfrënn Mansfeldia Clausen hun en neie Sall am Jakobstur kritt, wou se beienee kommen a prouwe kënnen. Presidentin as d'Gaby Flammang. (2.6.1989)

***

Zu Nidderkuer huet d'«Amicale Pesselbur» hire Programm fir d'Saison 89/90 virgestallt. President: Paul Hamtiaux. Si spillen: «Schnëssstécker Non-Stop» (Sketcher a Gedichter vum Pir Kremer, Fernand Hoffmann, Francis Steffen, Auguste Liesch an Norbert Weber); «Schaussegketen Non-Stop»; Theaterstécker: D'Marie kritt e Kand (vum???); Douce wéi eng Daifchen (vum ???); Eng brenzleg Geschicht (vum ???).

D'«brenzleg Geschicht» wor den 22. September zu Kolpech, de 7. Oktober am Altersheem zu Miersch an den 8. Oktober am Altersheem zu Nidderkuer, de 15. Oktober an der Fondatioun Pescatore zu Lëtzebuerg gespillt gin. De 4. a 5. November gin déi 3 Theaterstécker zu Nidderkuer gespillt.

***

Samschdes, den 23. September 1989 as zu Mamer op der Kiircheplaz en historescht Stéck an 8 Tabloen zur 150-Jor-Feier vun eiser Onofhängegkeet ënner dem Patronat vun der Gemeng Mamer an dem Ministère vun de kulturelle Saachen «'T war derwäert» opgeféiert gin. Den Text as vum Josy Braun. Den Entrée wor fräi. Et wore méi wéi dausend Leit kucke komm, wou d'Veräiner vu Mamer matgehollef hun.

***

An der Generalversammlung vun «Centre Culturel Differdange» huet den Alain Atten iwwer säin neit Theaterstéck «De Wollef aus dem Bësch» erzielt. (23.9.1989)

***

An der kulturellen Säit vum «tageblatt» schreift de Paul Kremer den 8. Juli 1989 «Zum Jubiläumsjahr- ein neues Theater» e groussen Artikel, wou Rieds as vun denen Theaterstécker, déi déi lescht Zäit gespillt si gin.

***

D'Gemeng Péiténg hat op enger Präisverdelung fir Kanner aus dem postprimären Unterrécht de Museksprofesser René Thiry vu Gréiwemaacher, e fréiere Péiténger, agelueden, deen dem Buurgermeeschter René Putzeys d'Partitur vum Theaterstéck «Prënzebierg» iwwergin huet.

***

Et gouf an deer leschter Theaterrubrik gefrot: wien huet «Alles wéinst engem Kollisknäppchen» geschriwwen. Et koum eng Äntwert vum Här Robert Roller vu Säll, deen äis sot et wir vum J.P. Welter (Thériente) vu Stengefort. Merci.

***

*Nei Theaterstécker* huet den Nic. Zacharias, 22 Räichelerstrooss, L-8508 Réiden-Atert geschriwwen. Et sin:

*Rebekka.* Een deelweis lëschtegt an zeneweis bëssen eescht Stéck a véier Akten. (Rebekka as eng «Auberge» an ze gläich de Virnumm vun der Patronn. De Patron verspillt am Casino säi Besëtz a wëllt séng Fra aus de Féiss hun, dat natiirlech feel schléit, fir eng déck Liewesversécherung ze kasséieren. E räichen Amerikaner verbréngt séng Vakanz an der «Auberge Rebekka» a gewënnt am Casino eng enorm Zomm Geld. Hien invitéiert d'Personal vun der Auberge plus d'Gäscht fir eng Vakanz a sénger Florida-Villa.)

*Den Dëmmy weess Rot.* — E lëschtegt Volleksstéck a véier Akten. — (Et as Kiirmes am Duerf, déi natiirlech gutt gefeiert gët. Zwéin Nopere kréie sech an d'Woll an Dëmmy, e Gemengebuet, dee fir all Näischtegkeet bekannt as, béit d'Saach mat engem Trick erëm riicht. Den Noperen hir Kanner gin e Puer. De leschten Akt geet an engem Wartesall vun der Jhangelisgare iwwer d'Brieder.)

***

Egentlech passt déi *«Plaquette» vum Neien Theater* fir séng 25 Jor éischter an eng Bicherchronik ewéi an d'Theaternotizen, well et as nët grad eng «Plaquette», dat nom Larousse e «petit volume de peu d'épaisseur» as. Dat hei as e schéint Buch an deem 37 Auteuren esouvill iwwer a vun a mat dem Theater schreiwen, vun deem wat op an hannert der Bühn geschitt, wat gebueden as gin an dene 25 Jor vu Stécker op däitsch a franséisch an op lëtzebuergesch, vu Con-


certen. An dat op 191 Säiten am Format 29×23,5. D'Realisatioun hat de sympatheschen Direkter vum Théâtre Municipal, Luxembourg, den Här Ferdy Reiff, deen «séng Saach ganz gutt gemaacht huet», wéi mer soen.

Déi sëllechen Illustratiounen aus dem Theaterliewen, schwaarz-wäiss a faarweg, déi Zeechnunge vu gudde Moler an Zeechner (Roger Bertemes, Josy Greisen, Ger Maas, Ota Nalezinek a Pit Weyer) gin dem Buch e egenaartege Cachet. Et deet engem leed, datt een nët all eenzelen Artikel ka resuméieren. Erlaabt sief awer déi zwéin op lëtzebuergesch ze ernimmen, dee vum Norbert Weber (Mécht de Kiddel de Middel) a vum Josy Greisen (Theaterloft). Dann nach dee vum Henri Losch iwwer den Theater, dee fir Kanner an deem schéinen neie Gebai gespillt as gin, well hei virdru Rieds wor vum Kannertheater. Iwwerhaapt huet déi 25 Jorfeier vum neien Theater an der Stad derzou geféiert, datt méi iwwer a vun dem Theater geschriwwen as gin.

An deer leschter Theaterrubrik an «Eis Sprooch» gouf ewell op dat klengt Buch «150 Jahre Theater in Luxemburg», och vun enger Rei Auteuren, wou de Pol Greisch säi Bäitrag op lëtzebuergesch «Blummen um Wee a Steng an de Féiss, Vum Alen-an den Neien Theater an hanneschte an de Kapezinner-Theater» erzielt.

Nieft denen zwou Publikatiounen as och eng nei Oplag vum Jos. Hurt séngem «Theater in Luxemburg» erauskomm, déi 1938 an dem Verlag «Jong-Hemecht» als «Sonderheft» publizéiert wor gin. An «Eis Sprooch» bréngе mer dem Jos. Hurt séng Radiosemissiounen, déi hien 1962 am UKW virgedroen huet.

Déi 25 Jor woren och den Ustouss fir eng Artikelserie an «Nos Cahiers», déi de *Leon Blasen* an der Nummer 2/1989 ugefaangen huet an als Inventar vum Theater op Lëtzebuergesch (Das luxemburgische Mundarttheater nach dem Zweiten Weltkrieg. Eine Bestandsaufnahme.) ugesäit.



*Eugène Heinen*

An deem Artikel zielt hien dat alles op, wat nom Krich am Theater (haaptsächlech) an der Stad, zu Esch gespillt as gin, mat den Date vun der Opféierung, vun den Auteuren (gebuer, gestuerwen), den Nimm vun den Theaterveräiner, déi wou a wat gespillt hun, an sou villes, wat gutt ze wëssen as fir d'Theatergeschicht, als Dokumentatioun en apaarte Wäert huet. D'Illustratioune vun «Theaterleit» a verschiddenen Zenen aus dene Stécker an denen se gespillt hun erënneren een erëm un déi Zäit. Et vergësst sech dach villes ze séier!

*An do, ënner denen Theaterakteuren, fënt een dann och een, deen sech dem Theater voll a ganz verschriwwen huet a viru bal 15 Jor déi grouss Bühn verlooss huet, deer hie 25 Jor laang Liewen an Impuls gin huet.*

*Et as den* Ugène Heinen. *No enger häerzlecher Ovatioun (9.12.1975) fir den Eugène Heinen op der 25-Jor-Feier vum «Lëtzebuerger Theater», deen hie gegrënnt huet, sot hien der Bühn äddi.*

*Bei deer Ovatioun huet de Fernand Hoffmann dat gesot, wat iwwer dem E. Heinen säi Kënnen, séng Konscht a säin zéien Aarbechtswëllen ze soe wor. De Fernand Hoffmann sot deemools: Du koums vun der Universitéit an der Schauspillschoul op Lëtzebuerg zréck fir däitschen a franséischen Theater ze spillen... Awer du hues séier gemierkt, datt dien, dee bei eis am Land d'breet Schicht vum Vollek wëllt erreechen, lëtzebuergeschen Theater spille muss... Dofir fannen ech, as et ee vun dénge grousse, wann nët däi gréisste Verdéngscht, datt s de op där enger Säit am Däitschen a Franséischen nët opgestéckt hues, an op där anerer Säit awer aus dem «Lëtzebuerger Theater» eisen Dialekt-Theater par excellence gemaach hues...*

*Nun, deen Eugène Heinen huet dëst Jor dër och 75 kritt. Hien as den 12. Februar 1914 zu Elwen op d'Welt komm, huet säi Kolléisch zu Dikrech a Lëtzebuerg gemat, gong op Frankfurt op d'Theaterhéichschoul, 1939 Regieassistent um Schauspielhaus zu Frankfurt, huet am «Frankfurter Haus» gespillt, koum op Lëtzebuerg, huet nach zu Nancy um Conservatoire Diktioun an «Art dramatique» gemaacht, gouf den 3. Januar 1946 «Chargé de Cours» am Conservatoire, dat wor en och zu Esch, du Professer. 1979 as en a Pensioun gaang. Wat hien alles gespillt a geschafft huet, dat huet de Léon Blasen am Télécran No 47/1986 horgenee geschriwwen, wou et drëm gaange wor, fir eng Persoun ze fannen, déi am ganze Land bekannt as, an dat zemol a kënschtlereche Kreesser (Et wor eng Serie vum Léon Blasen: «Wësst Dir et»? wou no e puer méi däitlech Froen een oder eppes virgestallt gouf). Nu gutt, mir, vun der Actioun Lëtzebuergesch soen dem Eugène Heinen haut nach eng Kéier merci fir déi schéi Stonnen, déi hien eis am lëtzebuergechen Theater duerbruet huet, gratuléieren him fir séng 75 a wënschen him déi Gesondheet, déi ee brauch fir dat ze maachen, wat ee gär mécht, him «dee kee melancholesche Liewesowend wëllt». A bis haut nach ëmmer aktiv bliwwen as.*

***

An deer leschter Theaterrubrik hate mer nom Auteur vum «Kollisknäpche» gefrot a kruten eng Äntwert. Mir hun haut nees eng *Fro.* Et as en Theaterstéck, dat vill gespillt gouf an nach gët. Et heescht «10.000 Dollar» an as vum Michel Grand'homme geschriwwen. As dat e Pseudonym? Wie kann eis eppes doriwwer verroden.

***

Eng aner Fro as déi vun engem Gedicht (oder och engem Lidd) dat de Poutty Stein geschriwwen huet an heescht: Makréilefrësser. Weess ee vun iech äis doriwwer eppes ze soen?

***

De Verlag Emile Borschette, 21, Fielser-Strooss, L-7640 Kréschtnech huet d'Theaterstécker, déi an den Dréckereie Linden a Worré-Mertens sénger Zäit erauskomm sin, alleguer iwwerholl an se an engem Katalog eenzel opgeféiert. Dee Katalog kënnt denen alleguer zepaass, déi no Theaterstécker sichen.

# Klengegketen

**De Misär an der Welt...**

...gët ëmmer méi uerg,
well, d'«Bridderlechkeet» setzt sech duerch:
't feelt bei villen nët um gudde Wëllen
fir sech d'Täschen nach drun ze fëllen.

**Wann d'Haaptsach feelt.**

All Segelkonscht as onnëtz,
wa kee Wand geet,
mä d'Dommheet geet wi de Blëtz,
wann de Verstand steet.

*Robert Siuda*

# Aus dem Bicherbuttek

Loosse mer eise kuurzen Iwwerbléck aus dem Bicherbuttek mat de *«Steng fir e lëtzebuergesch-franséischen Dictionnaire»* ufänken, deen d'Actioun Lëtzebuergesch dëslecht an hirer Extra-serie Nr 11 erausgin huet an déi d'Madame Marie-Thérèse Kroemmer vun Alenhuewen (Viville) bei Arel beienee geraaft huet. An deer Broschür mat 82 Säiten stin esou eng 6000 Wierder, déi si sech notéiert huet, wéi se a Coure gaangen as fir lëtzebuergesch ze léieren. Et as fir d'éischt geschitt, datt dee Wee gaange gët, all déi aner sin entwidder vum däitschen oder franséischen aus op d'Lëtzebuergescht zougaangen, ofgesi vum fënnefbännege lëtzebuergesch — däitschen Dictionnaire, deen eng Kommissioun a 25 Jor ausgeschafft huet. Gewëss, et hätt ee sech gewënscht, datt nach méi dran opgeholl wir gin, well e Lëtzebuerger, dee wuel säi Schoulfranséisch kennt, wir heiandsdo frou fir dat richtegt Wuert ouni lang Iwwerleeës an esou engem Buch ze fannen. Nu gutt, et as en Ustouss fir op deem Wee virunzegoen a vläicht setzt emol ee sech dohin a fiirt virun, wou hei déi éischt Steng getässelt si gin. Déi Opstellung, déi 6000 Wierder, komme jiddefalls denen ze paass, déi lëtzebuergesch léiere wëllen, dernieft dierft et awer all Lëtzebuerger intresséieren, a sief et och nëmme fir dra virwëtzen ze goen an doriwwer eraus och ze verbesseren, wou sech keng richteg Iwwersetzung fënt. D'Madame Kroemmer huet dat Areler Lëtzebuergesch als Fong gebraucht, wou mer Wierder begéinen, déi mir an engem aanre Sënn gebrauchen an hei als almoudesch ugesi gin an héchstens nach lokal oder an engem zweten oder drëtte Sënn bekannt sin (e.a. daierlech, wou si nëmmen «fragile») ugët, een awer nach u «pitoyable, chétif» denke kann. Et wir och ze wënsche gewiescht, wann een d'Pluralformen z.B. vu Steen (wat iwregens feelt), Stän — Steng hätt fanne kënnen.

Nu gutt, et as e Versuch, et sin nëmme Waken, nët behaen, déi éischt Karecht Steng mat denen een ufänke kann ze bauen. Mee trotzallem ganz intressant. D'Broschür, déi nëmmen an enger klenger Oplag gedréckt as gin, konnten d'Membre vun der Actioun Lëtzebuerg *nët gratis* kréien ewéi déi aner Nummeren aus der Extraserie. Wien sech derfir intresséiert ka sech se bei der Actioun Lëtzebuergesch bestellen, se kascht 100 Frang plus 20 Frang porto. (Se as nët an de Bicherbuttécker ze kréien).

***

Mat enger apaarter Freed — an et as ee wiirklech frou doriwwer — as eng aner ganz nëtzlech Publikatioun an deem Sënn ewéi hei virdrun unzekënnegen, déi nach méi wäit geet wéi vu lëtzebuergesch op franséisch. Mä loosse mer se esou virstellen, wéi et vun hinne selwer am Virwuert gemaacht gët.

«Dëst as déi zweet Oplag vun enger Virberedung vun engem *«Dictionnaire multilingue»*. Et sin ongeféier 3000 Lëtzebuerger Wierder a se goufe vun de Schüler aus de lëtzebuergesche Couren, bei «Luxembourg-Accueil-Information» zesummegesicht, an op franséisch, däitsch, englesch a spuenesch iwwersat. — Mäi gréisste Merci as fir d'Irène Stofkoper, et huet de ganzen Text getippt. — Jacqui Zimmer.» Et muss een hei d'Jacqui Zimmer felicitéieren, fir déi gutt Iddi, déi si hat fir déi Opstellung ze maachen an am selwechte merci soen, fir déi Jore wou si Coure gët fir eis «Ausländer» lëtzebuergesch ze léieren.




Beim Stéchwuert gët dacks fir de Substantif de Plural ugin, bei dene meeschte Verben steet déi drëtt Persoun am Singular hannendrun. Fir den Neutrum ze markéieren, gët d'Jacqui Zimmer, entgéint der «offizieller» Regel, deen nët mat «d'» un, mä mat «t'». Si follegt do wuel dem Henri Muller séngen Handbicher fir lëtzebuergesch ze léieren. Ob dat gutt oder manner gutt as, sief dohigestallt, d'Haaptsaach as dach déi, fir de «Schüler» d'Lëtzebuergescht bäizebréngen. Duurcheweech gët sech soss un eis Schreifweis gehalen. Et liest een och nach dat hei: «Sollt Dir Feler fannen, oder eng besser Iwwersetzung wëssen, sot ons et. Mir man d'nächst Joër eng drëtt Oplag a benotzen dann Är Rotschléi».

Déi fotokopéiert Publikatioun vu ronn 90 Säiten, DIN A4, kann een sech beim Jacqui Zimmer, Luxembourg — Accueil — Information, Biisserwee, Lëtzebuerg-Grond, Tël. 41717 froen. Se kascht 300 Frang.

Wa mer äis ee Wonsch dierften erlaben, da wir et dee bei déi däitsch, franséisch, englesch, spuenesch och déi portugisesch Iwwersetzung bäizesetzen, well dat kéim bestëmmt enger gudder Parti Leit ze paass. Wënsche mer nach, datt Intresséierter deem Opruff fir Mataarbecht follegen an dann eng gedréckt Oplag an dene 5 Sproochen méiglech gemaacht ka gin. hr.

***

*Schmunzelgeschichten* huet de Pol *Schons,* fréiere Scout vun der FNEL, fir dat 75. järegt Jubiläum vun der FNEL, säi Buch vu 84 Säiten titeléiert. Et sin Artiklen doranner zesummegefaasst gin, déi hien ënner verschiddene «Pseudonymen» an der Zäitschrëft «SCOUT» (1945-1952) geschriwwen hat an iwwer dat een nët nëmme schmunzelen, mee och häerzhäfteg laache kann. Et hätt ee gewënscht, wa se op lëtzebuergesch duerbruet gi wiren, dat hätt der Saach vläicht nach besser dee richtege «Schmant» gin. Ernimme mer awer wéingstens nach déi 5 Scoutelidder op lëtzebuergesch fir deer de Péiter Faber, de Moltonaso, d'Weis gemaacht huet, an dann déi vum Scoutstheater-Autorenteam: «och stongen s'am Geescht vum Hemechtslidd / de Fabesch Péiter an de Weinachts Tit». D'illustréiert Buch, dat an dankbarer Erënnerung u verstuerwe Scoutkollegen publizéiert gouf, as fir 500 Frang beim Auteur Pol Schons, 40, Emil-Mayrisch-Strooss, Lëtzebuerg an an de Bicherbuttécker ze kréien. hr.

***

D' *Wuermer Muselbicher,* an denen zjor Kiirchepatréiner virgestallt si gin, fueren dëst Jor viru mat de Patréiner vun de Scouten an de Guiden. Déi 21. Publikatioun huet den Titel: «All Helleg Patréiner biet fir eis», zielt äis 17 Helleger, 15 politesch Perséinlechke-

ten (e.a. Ermesinde, Groussherzogin Charlotte, aus der Resistenz Tony Noesen, de Pater Conrad, deen am Kongo ëmbruecht gouf...) an néng aner Perséinlechketen aus karikativen a mënscherechtleche Kreesser (wéi Adolphe Kolping, A. Schweitzer, Robert Schuman, Lady Baden-Powell...) alles Patréiner vun de Scouten an de Guiden. Grad ewéi zjor sin am Buch Illustratioune vum Mariette Laux, Éinen (Zeechnungen); Fotoë vum Jhang Welter a Fernand Schmit, nieft aneren aus verschiddenen Zäitschrëften gin dem Buch e léiwe Cachet.

Et ka bei de Wuermer Scouten a Guiden, Postscheck 81072-77, bestallt gin a kascht nëmme 500 Frang. hr.

***

En neien *Tintin* «D'Ouer mam Krask» op lëtzebuergesch as elo erauskomm (November) a kascht wéi déi aner alleguer 295 Frang. Bis elo sin erauskomm, vum Lex Roth an d'Lëtzebuergescht iwwersat:

Djungelbuch — Bambi/Dumbo — D'Lady an de Strummy/101 Dalmatinermuppen — Roger Rabitt — Den Asterix bei de Belsch — Den Asterix op der Olympiad — Den Asterix beim Dranazahd — Tintin, D'Schwaarz Insel — Tintin, D'Affär Dittchen. Wéi déi aner alleguer wäerd deen neien Tintin och séng vill Amateure fannen a beweisen, «datt et och op lëtzebuergesch geet».

***

Datt et och op Lëtzebuergesch geet as duurch d'LASEP, der «Ligue des Associations Sportives de l'Enseignement Primaire», bewise gin, déi fir hir 25 Jor en illustréiert Buch erausgin hun: Spill a Sport, dat vun der Inter-Bank gesponsort gouf. Eng ganz Häerd Schoulmeeschteren (12) hun déi verschiddenst Spiller beschriwwen, d'Zeechnunge sin vum Guy Orazi, Schoulmeeschter vu Steebrécken, zesummegestallt vum Nico Weyland mat der Hëllef vum Computer Center, déi éischt Fassung vum H. Rinnen fir d'Lëtzebuergescht nogekuckt, d'Deckelsäit vum Louis Miesch entworf. D'Buch kënnt dene sécher all zepaass, déi d'Sport- a Spillston an de Primärschoulen hun an dierft séng Roll erfëllen, fir déi et geduecht as. D'Buch huet 157 Säiten, kascht 350 Frang plus de Porto a ka bei der LASEP, 6, Polvermillen, L-2356 Lëtzebuerg, Tel. 431408, bestallt gin. Ernimme mer nach, datt d'Buch an der Interbank den 20. September 1989 virgestallt gouf, wou den Direkter-adjoint Frank Wagener drop higewisen huet, datt séng Bank nach aner Bicher fir 13 bis 18 Jor al, fir 3-6 Jor al a fir 7-12 Jor al Kanner, e komplette Programm fir Kanner a jong Leit gehollef huet erausgin, wat de President Jim Östreicher a séngem Merci unzerkenne wousst.

***

Mat enger apaarter Freed wëlle mer op déi Extra-Nummer vum ZACK, der Lëtzebuerger Kannerzeitung hiweisen, déi fir déi 150 Joër Onofhängegkeet erauskomm as. An deer Nummer, déi sou wonnerbar, hei trëfft deen Ausdrock richteg zou, vun der Joffer Monique Hermes zesummegestallt gouf, fënt een alles wat mat eiser Geschicht an den 150 Jor ze din huet, alles mat faarwegen a schwaarz-wäissen Illustratiounen sou lieweg duergestallt gët, datt et nët nëmme fir Kanner, mä och fir déi Erwuessen, e «Sträifzuch duurch d'Lëtzebuerger Geschicht» nët bësser hätt kënne gemaacht gin. Dat selwecht as ze soe vun: «100 Joër Lëtzebuerger Dynastie», vum Groussherzog Adolphe ugefaang bis bei de Groussherzog Jean an den Ierfgroussherzog Henri. — Dernieft gët un déi 1250 Joër vum hellege Willibrord, den zwete Patréiner vun eiser Hemecht, geduecht an a Wuert a Bild duergestallt.

***

*Zur Erënnerung un eng Persoun, déi eis vill Schéines hannerlooss huet...*

# Lily Unden, † 5. September 1989



*De 26. November 1986 krut d'Madame Lily Unden eng versëlwert Plaquette mat de Kapphäre vun eiser Sprooch drop vun der «Actioun Lëtzebuergesch - Eis Sprooch» iwwerreecht. (Foto: Jean Welter)*

Am Alter vun 81 Joër huet de 5. September 1989 eng Persoun eis fir ëmmer verlooss, déi sech als Molerin an Zeecheprofessorin e groussen Numm gemaach hat, déi awer stëll an onopfälleg gelieft huet an däer et ni drëm goung, fir am Mëttelpunkt ze stoen: d'Madame Lily Unden aus der Stad. Et gët wuel kaum een hei am Land, deen hir wonnerschéi Blummentableauën nët kennt, a wéi dacks krute mer bei der «Actioun Lëtzebuergesch» d'Kaarte vun dësen Tableauë gefrot...

D'Madame Lily Unden koum am Joër 1908 zu Lonkech am Frankräich op d'Welt. Si war vu Klengem un an eisem Land. Mat der Molerei koum si scho fréi a Kontakt, well hire Papp huet gemoolt. Spéider sollt si an der Belsch an am Frankräich Konscht studéieren an Zeecheprofessorin gin. Am Zwete Weltkrich huet si sech en Numm gemaach, well si sech fir hir Hemecht agesat huet, wou si nëmme konnt. Am Joër 1942 koum si an d'Konzentratiounslager Ravensbrück. Bis zu hirem Doud war si Mêmber vum «Conseil national de la Résistance» a Presidentin vun der «Amicale des concentrationnaires et prisonnières politiques luxembourgeois». Si krut eng Parti héich Auszeechnungen.

Nom Zwete Weltkrich gouf d'Madame Lily Unden Zeecheprofessorin am Mederchers-lycée an der Stad. Enn der 40er Joren hat si d'Chance, um New Yorker «Institute of Fine Arts» weiderzestudéieren. Duerno koum si zréck als Zeecheprofessorin am Mederchеslycée, an der Beruffsschoul zu Esch an am «Lycée Robert Schuman» an der Stad.

Mat hire Blummentableauën, déi un den Impressionismus erënneren, an déi esou vill Liicht a Wäermt ausstralen, hat si sech ganz séier e gudden Numm gemaach. Ausstellunge vun der Madame Lily Unden goufen et nët nëmmen zu Lëtzebuerg, mä och a Frankräich, an der Belsch an an Holland.

D'«Actioun Lëtzebuergesch-Eis Sprooch» war geéiert, wéi déi bekannt a beléift Blummemolerin Lily Unden hir am Joër 1986 ouni ze zécken d'Erlaabnes gin huet, fir eng Parti vun hiren Tableauën ofzeknipsen a faarweg Gléckwonschkaarten dervun ze maachen. Déi éischt zwou Kaarte koume fir

d'Hierschtfoire 1986 eraus. Si haten esou e grousse Succès, datt se hu missen nogedréckt gin. Och déi zwou Kaarten, déi dat Joër drop erauskoumen, si ganz gutt bei de Leit ukomm, en Zeeche vun der Beléiftheet vun dëser sympathescher Kënschtlerin.

De 26. November 1986 huet de President vun der «Actioun Lëtzebuergesch-Eis Sprooch» der Madame Lily Unden an der Taverne «Wëlle Mann» um Fëschmaart an der Stad déi versëlwert Plaquette mat de Kapphäre vun eiser Sprooch, dem Dicks, dem Rodange an dem Lentz drop, iwwerreecht. «Dës Plaquette as eng kleng Unerkennung vun der A.L. fir Äre spontane Geste a fir déi grouss Verdingschter am Kulturellen zu Lëtzebuerg», sot hien dobäi. D'Äntwert vun der Kënschtlerin war déi hei: «Jidderee mécht wat e kann, a wann ee säi Land gär huet, dann ënnerstëtzt een et, wou een nëmme kann. Dës Plaquette mécht mir ganz vill Freed, an déi schéi faarweg Kaarte mat de Fotoë vu ménge Biller si fir mech déi gréisst Unerkennung.»

D'Madame Lily Unden, eng nobel Damm an eng grouss Kënschtlerin, huet eis, wéi gesot, de leschte 5. September 1989 fir ëmmer verlooss. Awer an hiren häerleche Biller lieft si virun ënner eis. D'«Actioun Lëtzebuergesch-Eis Sprooch» éiert hiirt Undenken an as hir zu groussem Dank verflicht.

*Monique Hermes*

Denkt drun, d'Jor 1990 as do, an d'Cotisatioun as fälleg. Spuert äis vill Aarbecht a Porto an iwwerweist d'Cotisatioun elo well, wann Dir et bis elo nët gemaacht hut.

Mir soen dene Mêmberen häerzlech merci, déi vu sech aus méi schécken eweéi déi normal Cotisatioun, well mer 1989 fir déi 150 Joër Onofhängegkeet méi erausgin hun ewéi an denen anere Joër.

Wéi wir et, wann Dir och nei Mêmbre kënnt bréngen, et missten dach méi Leit sech fir eng *Publikatioun nëmmen op lëtzebuergesch* intresséieren wéi bis elo?

*De Comité an d'Redaktioun*

*wënsche vill Gléck an eng gutt Gesondheet*

*am neie Jor*

# Si hun äis fir ëmmer verlooss

**Evy Friedrich** (30.4.1910-29.7.1989)

Hien, deen ëmmer ënnerwee wor, hien, dee keng Rou a keng Rascht kannt huet, hien, deen ëmmer um Tapp wor, hien, dee mer jorelaang am Radio héiere konnten, hie vun deem eem esouvill liese konnt, hien huet elo fir ëmmer Rou.

Mir mengen den Evy Friedrich, Journalist, Chronist.

Den Evy Friedrich, deen den 30. Abrëll 1910 um Knuedler an der Stad Lëtzebuerg gebuere gouf as de 29. Juli 1989 gestuerwen.

Ewell a sénge Studentejoren am Kolléisch an der Stad an zu Iechternach huet hie fir d'Zeitunge geschriwwen. Säi Papp, e bekannten Zänndokter, huet en op Paräis op d'Universitéit geschéckt fir Jurist ze gin. Mee dat huet him nët alles gesot an en as op d'Journalisteschoul gaang. Zu Paräis stong säint Studentenzëmmer all Lëtzebuerger Student op. Mä laang huet hien et do nët ausgehalen, de Journalissem hat e gepaakt an huet e säi Liewe laang nët lass gelooss. An déi nei Branche, déi an dene jonge Jore vum Evy Friedrich sech ugefaang huet ze entwéckelen, de Film, huet hie ganz vill intresséiert. Mat 16 Jor huet hien deen éischte Film gedréit. Wa mer äis nët iren, da wor den Evy Friedrich ee vun den Haaptleit beim Film «Der Geiger von Echternach» a vun engem aneren iwwer d'Lëtzebuerger Land. Hie wor jo de Mann, fir e Film doriwer ze plangen an ze dréien, hien, deen all Wee a Stee ueter d'Land kannt huet wéi nët vill aner. 1927 huet en d'Zäitschrëft «Le film luxembourgeois» erausgin, déi bis 1935 komm as. Séng éischt Rubrik am «Tageblatt» wor 1930 «Aktuelles vom Kino aus Luxemburg». 1946 gët e Vizepräsident vum internationale Filmpresseverband.

An der Studentenzäit huet hie fir déi Illustréiert Zäitschrëft «A-Z», d'«Indépendance Luxembourgeoise», d'«Luxemburger Zeitung», d'«Obermoselzeitung» geschriwwen an nach de «Cahiers Luxembourgeois» Artikle geliwwert. Als Journalist wor e fir d'éischt beim «Landwirt» ugestallt gin, Zeitung déi zu Dikrech gedréckt an erauskoum. 1936 as e bei der franséischsproocheger Zeitung «Le Luxembourg», déi de Verlag Bourg-Bourger eraus gin huet. Zer gläicher Zäit wor e Korrespondent vum «Escher Tageblatt». Do huet hien nieft sénger Filmrubrik «Campingsbréiwer» geschriwwen, nieft deem, wat nach d'Aarbecht vun engem Journalist an enger Zeitung as.

Dat wor alles schéin a gutt bis den 10. Mee 1940. Den Evy Friedrich krut «Schreibverbot». E gouf eng Zäit an de Prisong gesat, 1942 ëmgesidelt a koum eréischt am Fréijor 1945 erëm heem. Iwwer déi Ëmgesidelt huet hien e Buch erausgin: «Als Luxemburg entvölkert werden sollte» (Krippler-Müller). 1. Oplag 1969, 2. Oplag ouni Jor). Wéi hien erëm doheem (Fréijor 1945) wor huet en eng kuurz Zäit an der kommunistescher «Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek» geschafft, gët dunn Attaché fir de Sport an 1957 plënnert en op Berlin an d'DDR, wou en däitsch Dialoge fir franséisch Filme schreift. 1964 kënnt hien hannescht op Lëtzebuerg a gët 1967 erëm bei der «Zeitung fir d'Lëtzebuerger Vollek» agestallt. Dräi Jor duerno as e beim Verlag Bourg-Bourger, do, wou en och a Pensioun geet. An deem Verlag wor d'«Revue» doheem, déi Lëtzebuerger Illustréiert, wou hien, nieft Film asw., sech zu engem (lokale) Geschichtsschreiwer entwéckelt, deen iwwer esou munnech Dierfer aus dem Land eng kuurz, mee exakt, Chronik geschriwwen huet. Wéi e pension-

néiert wor huet en nees als Korrespondent fir d'«tageblatt» geschafft.

Hien huet et och riskéiert fir en egene Verlag ze schafen, deem hien den Numm «Malpartes» gin hat. En hat d'Éislek gär an as sécher dacks laanscht dem «Malpaartes säi Schlass» getrëppelt. Dat huet wuel derzou geféiert, datt en d'Zäitschrëft «Das Ösling» (1938) erausgin huet, déi et awer nëmmen ee Jor gepackt huet; aner woren «Echo scolaire» (1925), «La Forge» 1928.

Dat Getrëppels a Gerees ueter d'Land huet en derzou bruecht iwwer bekannt an manner bekannt Pied a Weër «Wanderbicher» ze schreiwen.

Wann den Evy Friedrich keen Onbekannten an der Journalistik wor, da gouf hien awer duurch séng «Kalennerblieder» vun 1970 un eng bekannt Perséinlechkeet ueter d'ganzt Land, Kalennerblieder, deer e méi wéi 6000 am UKW jorelaang, Dag fir Dag, opgesot huet, an dene vun all méiglechem rieds gaangen as, wat mat Geschichtlechem a Litterareschem ze din hat. Eng Parti vu sénge «Kalennerblieder» sin a fënnef Bänn gedréckt gin a koumen eraus. E sechste Band mat engem komplettten Index vun dene 5 Bänn hat en an der Aarbecht, d'Krankheet huet verhënnert e fäerdeg ze maachen.

Fir esou um Lafenden vun all deem ze sin, dofir muss een op Notizen zréckgräife kënnen, a vill schaffen; sech duurch Zeitungen an Zäitschrëfte wullen, an opschreiwen. Wat dat fir eng Benediktineraarbecht as kann deen nëmme verstoen, deen eng Kéier séng Kéip Ziedelen a Këschten a Këschte gesinn huet, wou e ganze Späicher voll dermat bal nët méi duergaangen as. Gefrot, wéi hien dat maache kënnt a wou en d'Zäit dervun hier géif huelen, huet en einfach geäntwert: «Ech sti mueres esou géint fënnef Auer op, liesen d'Zeitungen an notéieren, da gin ech eng hallef Stonn spadséieren, drénken ëm halwer 'aacht Kaffi, a fänken un ze schreiwen. Nomëttes kommen aner Saachen un d'Rei.» — Muss een déi Stéidegkeet an deen Aier nët bewonneren? Bei all séngen Aktivitéite wor hie mat Läif a Séil derbei. Ernimme mer nach, datt hien och jorelaang d'Filmrubrik am UKW hat.

Mam Evy Friedrich sin d'«Kalennerblieder» verschwonnen, a mat him nach munneches aus eisem kulturelle Liewen.

Et behält een hien an der Erënnerung als stéits joviale Mënsch, mat der Päif, dem Berri, dem Lodemantel, e klengt scheit Lächelen, der duusser Stëmm..., dee mat 79 Jor eis fir ëmmer verlooss huet.

Éier séngem Undenken.

***

**Madame Marie-Louise Tidick-Ulveling**

D'Madame Tidick-Ulveling huet äis am Alter vu 97 Jor verlooss.

Si as de 17. September 1989 an der Elisabeth-Klinik verscheed. De 14. Februar 1892 as si zu Dikrech op d'Welt komm, wou hire Papp Riichter wor. D'Mimy, wéi si genannt gouf, koum an d'Sainte Sophie an d'Schoul, huet et awer nët laang do ausgehalen, dee Geescht do as hir nët gaangen. Du krut se Privatstonnen a gong zwee Semester op Bonn op d'Universitéit. Do huet se hire Mann Charles Tidick kenne geléiert, gouf 1920 bestued an den 10. Dezember 1922 koum hir eenzeg Duechter zu Böblingen bei Stuttgart op d'Welt. Zwee Jor drop as hire Mann gestuerwen a si koum erëm op Lëtzebuerg. Si musst du selwer fir sech suergen, si, dat Meedchen, dat aus enger «besserer» Gesellschaft an der Stad hierkoum. Fir d'éischt op enger Bank, du an der Cegedel huet se sech hiirt Brout misse verdéngen an huet du nach méi a besser verstanen wéi et dene «klenge» Leit as, si, deer an der Kanner- a Jonktemszäit ewell all sozial Ongerechtegkeet, all Intoleranz zewidder wor. Den zwete Krich huet si och nët verschount, si gouf verhaft, hir Duechter koum an d'Kazett, déi awer glécklecherweis vun do aus heem konnt kommen. Si huet 1957 hiirt éischt Buch eraus gin: Funken der Hoffnung, dono, 1961, «Im Zeichen der

Flamme», 1965, «Verworrene Wege», 1963, «Erlebt und beobachtet», 1966, «Traum und Wirklichkeit», 1974, «Gesänge des Lebens», 1978 «Abglanz», 1982, «Von gestern für heute». Do dernieft huet si nach Artikle fir Zäitschrëfte geschriwwen. Hir éischt Kuurzgeschicht as 1911 erschéngen.

Am Kapezinnertheater gouf zu hirer Éier, an als Unerkennung, den 28. Februar 1989 an de 16. Mäerz 1989 aus hire Wierker gelies, Owenter, déi ënner dem Motto stongen: «Gesänge eines langen Lebens, ein Porträt der luxemburgischen Schriftstellerin Marie-Louise Tidick-Ulveling, anhand ihrer Texte».

An hire Wierker geet et ëmmer ëm déi Ënnerdréckt, ëm d'Ongerechtegkeet, ëm d'Intoleranz. An der Fräizäit gouf gelies, geschriwwen, gesproocht an nogelauschtert, wa se mat Kolleginnen a Frëndinne vun Zäit zu Zäit beienee souzen. A wéi se selwer nët méi schreiwen a liese konnt, si wor bal ganz blann gin, huet si hirer Duechter Adelin diktéiert a sech virliese gelooss.

Et as e guttste Mënsch vun äis gaangen, wéi mir soen, eng Fra, déi duurch hir Wierker an der Lëtzebuerger Litteratur virulieft.

Éier hirem Undenken.

***

**Professor Pol Jost**

De Professer Pol Jost, Member vun der Sproochsektioun vum Institut g.-d., as den 1. August 1989 am Alter vun 79 Jor gestuerwen. Zu Esch gebuer, wou séng Äschen och bäigesat si gin, huet e sech vill fir d'Lëtzebuergescht intresséiert, gouf Member vun der Dictionnaireskommissioun virum Krich genannt, huet nom Krich mat engem Grupp Dikrecher Professeren als Korrespondent nach äerdeg virun um Lëtzebuerger Dictionnaire als Korrespondent matgeschafft a wor effektive Mêmber vun der Sproochesektioun vum Institut Grand-Ducal.

Hien huet d'Grondkaart vum Land entworf op där haut nach a linguistesche Kreesser geschafft gët. Zu Dikrech huet hien sech fir d'Geschicht, apaart déi gallo-romanesch Zäit, intresséiert an et wor e Genoss him nozelauschteren, wann en als Guide an an ënner deer aler Kiirch opgetratt as, vill derzou gehollef huet, datt se restauréiert gouf. Politesch engagéiert an der sozialistescher Partei wor en den 13. Oktober 1957 an den Dikrecher Gemengerot gewielt gin an deem e bis 1975 wor, zwete Schäffe vun 1964 bis den 31. Dezember 1969.

Éier séngem Undenken.

***

**Jemmy Koltz**

De Jemmy Koltz as de 6. Februar 1989 gestuerwen. Zu sénger Éier gouf de 4. November 1989 an der Veianer Buerg e Sall op säin Numm gedeeft, an e Buste, deen de Skulpteur Bruce King geschafen huet, dran opgestallt. Domat gët him merci gesot fir déi sëllechen Aarbecht an dat vill Geleefs, dat e gemaacht huet, fir d'Buerg erëm opbauen ze kënnen. Him verdanke mer och, datt den Zougank vun de Kasematten méiglech gemaacht gouf, an nët ze vergiessen d'Baugeschicht vun der Stad Lëtzebuerg.

Éier séngem Undenken.

***

**Jemp Michels**

Den Éirerendirekter vun der «Foire», Jemp Michels, as de 16. August 1989 zu Lëtzebuerg gestuerwen, 83 Jor al.

Hien as zu Esch-Uelzecht den 1. Abrëll 1906 op d'Welt komm a wor den eenzege Jong vum Wäinhändler J.P. Michels, dee vun 1912 bis 1917 Buergermeeschter vun Esch wor. No der Industrieschoul zu Esch, gong en op Paräis op d'«Ecole Nationale des Arts décoratifs», huet Skulptur, Architektur a Molerei do studéiert, 1927 séng éischt Skulpturen ausgestallt an 1928 Molereien. 1939 huet hie mat de Kollege Stoffel, Haagen a Meyers de Stand fir Lëtzebuerg op der Weltausstellung zu New-York opgeriicht. Am Krich wor en Antikitéitshändler. Nom Krich Architekt am Opbau (ëm Befort) a gouf 1949 Direkter vun der «Foire». Hien huet d'Plange fir

d'Ausstellungshalen um Lampertsbierg entworf (1954) an hat 1973 d'Opsiicht vun denen neie Gebailechkcten um Kiirchbierg, a, wéi déi fäerdeg woren, gouf en Éirendirekter vun der «Foire» genannt.

Éier séngem Undenken.

***

**Edmond Cigrand**

Den Edmond Cigrang, Musécker, as onerwaart um Wee aus der Vakanz fir heem den 1. Oktober 1989, gestuerwen. Hie wor de 7. Juli 1923 zu Dikrech gebuer, gouf Schoulmeeschter an huet nom Krich séng musekalesch Studië gemaacht. D'«Lëtzebuerger Gesellschaft fir Nei Musek» huet an dene leschte Jore sénger Kompositioune vill spille gelooss, déi och international unerkannt sin. Als Museksprofesser huet e Musekanalys, Musekgeschicht a Kontrapunkt gin.

Éier séngem Undenken.

***

**Emil Schmit**

De 16. Juni 1989 as stënterlech zu Helsem den Emil Schmit gestuerwen, dee sénger Zäit am Comité vun der Actioun Lëtzebuerg war, aus deer en, egal aus wat fir Grënn, ausgetrueden as an d'FELES gehollef huet grënnen.

Der Famill eist oprichtegt Bäileed.

***

**Stephen N. Heinz**

Am Alter vun 53 Jor as zu Chicago den Honorarkonsul Stephen N. Heinz gestuerwen. Gebuer den 22. Januar 1973 zu Illinois wor en Honorakonsul fir Lëtzebuerg zu Chicago vun 1973 un. Zënter 1967 President vum «Luxembourg Brotherhood of America», Verenegong, déi am November 1987 hir 100 Jorfeier hat.

Éier séngem Undenken.

***

# Et gët Grenzen

Du kanns duurch d'Mauer goen;
du kanns all di aner fir zweet- oder
drëttklasseg halen an dech selwer
fir e Superman;
du kanns mat der ganzer Welt
de Geck machen...
— jhust eppes kanns de nët —
du kanns mir nët verbidden
dech gär ze hun;
du kanns mir nët verbidden mir fir dech
Suergen ze maachen;
du kanns mir nët verbidden,
fir dech ze kräischen...
Et gët Grenzen.

*René Kartheiser*

# Klengegkeeten

**Béises**

D'Drog, d'Roulett an den Dronk
sin nët nëmmen de Spronk
kappiwwer an d'Verdierfnes,
't as all Gléck säi Begriefnes.

**D'Grenz**

Bis dohin an da Stop!
D'Fräiheet as gemengt!
Deem enge séng hält op,
wou deem aner séng ufänkt!

**Trouscht?**

Klo kengem däi Leed,
well eent héiers d'ëmmer:
't geet
hinnen nach schlëmmer.

*Robert Siuda*

# Notizen

Den 29. Juli 1989 hun se zu Veianen e Volleksfest op der Baach gefeiert an drun erënnert, dass den Dicks 1889, virun honnert Joër, zu Veianen d'Lidd «D'Lëtzebuerger Land» geschriwwen huet, dat déi meescht Leit besser mat der Ufangszeil «Zu Lëtzebuerg stong d'Sigfridsschlass» kennen. D'Iechternacher Musik ënnert der Direktioun vom Armand Forthoffer, déi deen Owend zu Gaascht war, huet «D'Lëtzebuerger Land» gespillt an d'Leit hun all matgesongen. De Minister René Steichen an de Präsident vum Syndicat d'Initiative Jean Milmeister hun ervirgehuewen, dass d'Lidd vum Sigfriedsschlass, dat den Dicks um Fouss vum Veianer Schlass geschriwwen huet, wuel säi bekanntst Lidd aus sénger Veianer Zäit a säin eenzegt patriotescht Lidd as.

***

Ech hun äert «Ueter d'Jor» mat vill Intresse gelies. Hei eng Erënnerong u méng Kannerzäit zu Lëntgen...

E verschwonnene Lëntger Päischtbrauch:

An den zwanzeger-drësseger Joren haten d'Kanner zu Lëntgen Päischten nach alleguer eng Mokuchsfläsch. Dat war meeschtens eng wäiss Medezinsfläsch vun ongeféier 1/4 Liter, wou e Stéck Mokuch mat Zocker am Waasser opgeléist gouf. Dann as d'Fläsch gutt gerëselt gin, bis den ieweschten Deel voll schéine bronge Schaum war, deen dann erausgesuckelt gouf; dann as erëm gerëselt gin asw...

Et as natirlech ëmmer vill diskutéiert gin, wee vun den Epicieren dee beschte Mokuch hätt. No der Vesper sin déi grouss Bouwe vun der Rouschten (deen ieweschten Deel vum Duerf, wou et op Fëschbech geet) mat hire Fläschen, wéi et de Brauch war, op d'Fielslee geklotert. Do waren da ganz dacks déi méi Grouss mat e puer Këschte Béier schon déck am Jhumm, a vun Zäit zu Zäit hun e puer Musikanten e Liddchen iwwert Duerf getrotert.

A. Kettenmeyer

***

Déi groussaarteg *Ausstellung* iwwer eis Geschicht, fir déi 150 Jor Onofhängegkeet, déi den 18. Abrëll 1989 opgaangen as, as bis den 1. Oktober op gewiescht, wou méi wéi 100.000 Leit kucke woren. Et gouf gewënscht, datt se nët esou einfach verschwanne sollt, mee enzwousch anescht nees opgebaut géif. — Dee Staatsminister Jacques Santer huet de 26.10.89 ze verstoe gin, datt dat wat ausgestallt wor nët verluer géif goen an eng Kommissioun genannt, déi kucke soll, wat dermat sollt geschéien.

***

An der *«Galerie»* No 1/1989 hu mer nieft anerem, wéi den Dossier «Rencontres de Colpach, Famille Mayrisch - Aline de Saint-Hubert», en Artikel vum Adrien Ries: «3.000 km. duurch Europa»; vum Jhemp Hoscheit: «Dicks zitt. E puer Gedanken iwwer den Dicks Revival»; «d'sozialistesch Partei huet de 17. Mäerz 1989 un dem C.M. Spoo säi 75. Doudesdag geduecht». Et liest een och do, datt eng Michel Rodange Gesellschaft gegrënnt as gin. Dat war den 18. Mäerz 1989 an deer de Roger Brachmond, Eduard Lies, Georges Baden, Cornel Meder a Mars Klein als Grënner figuréieren. Et as geduecht gin, fir a séngem Gebuurtshaus e Musée Michel Rodange anzeriichten a fir datt och an Zoukonft ëmmer nei Ausgabe vum Wierk garantéiert sin. — Dat as

ewell deen zweten Ulaf fir esou eng Gesellschaft, déi éischt sollt 1974 entstoen, wéi dem M. Rodange säi Gesamtwierk erauskomm as.

***

Aus de *«Cahiers Luxembourgeois»*, Extranummer 1988 notéiere mer den Artikel (op franséisch) vum Guy Rewenig: Identité et langue luxembourgeoise. An der Nr. 3 vun 1989 fanne mer zwee Gedichter op lëtzebuergesch, eent vum Pol Pütz: *«Seeldänzer»* an eent vum Pir Kremer: *«Jubiläumskantat»* (fir déi 60 Jor vun RTL), dann an der Nummer 4/89 e Gedicht vum Pir Kremer: «Mir» (déi Dichtegst vun der Welt).

An deer selwechter Nummer 4/89 gët an engem Artikel vum Robert L. Philippart un de Robert *Bruch* erënnert, dee virun 30 Jor duurch en Autosongléck d'Liewen huet misse loossen.

De Robert Bruch as den 29. Januar 1920 zu Bouneweg gebuer, huet déi batter Jore vum Krich misse matmaachen, war am Prisong, an «iwwerwaachter Fräiheet» als Student, als Zaldot un der Ostfront, an der Krichsgefaangeschaft zu Tambow... as eise Sproochwëssenschaftler «par excellence» gewiescht.

Et duerf ee m.M. no mat Recht soen, datt wa mer de Robert Bruch nët gehat hätten, mir nach laang nët esou wäit mat eiser Sproochwësseschaft wiren. Wann een och glat a guer nët déi Aarbechten iwwergoe kann, déi d'Sproochesektioun vun 1935 un, déi aus der Sproochgesellschaft entstanen as, d'Virberedungsaarbechte fir den Dictionnaire déckevoll am Gaang waren, d'Häre Jos. Tokkert, Isidor Comes, Jos. Meyers, Ernest Ludovicy, d'Joffer Hélène Palgen an aner gewuddert a publizéiert hun, da muss een dach soen, datt de Robert Bruch nom Krich d'Séil vum Ganze gin as. Wat fir e Wäert séng Bicher hun, wéi d'«Grundlegung einer Geschichte des Luxemburgischen» (1953), Das «Luxemburgische im westfränkischen Kreise (1954)», de «Glossarium Epternacense, Späthochdeutsche Glossen aus Echternach (1964)» an nët ze vergiessen d'«Grammatik», déi ewell an der drëtter Oplag erauskoum, an de Grondstee vun der Schreifweis vun haut as, wëssen nët nëmme mir Lëtzebuerger, mee och d'Ausland, wou de Robert Bruch eng unerkannt Kapassitéit as.

Wéi d'Sproochsektioun 1948 nees ugefaang huet mat schaffen, eng Kommissioun fir e Lëtzebuerger Dictionnaire auszeschaffe genannt gouf, du wor de Robert Bruch derbäi. E gouf direkt Sekretär vun der Kommissioun an as et bliwwe bis zu séngem stënterlechen Doud 1959. Et erënnert ee sech gär u séng Aier, déi en hat fir virun ze kommen, u séng Kompetenz op fachlechem Gebitt, u séng Freed, wann en e Wuert bis op séng Wuurzel verfollege konnt, dat nach am Lëtzebuergeschen ze liewe bliwwe wor vu ganz alen Zäiten hier...

No 30 Jor gesäit een dee jovialen a frëndleche Mënsch nach ëmmer a Gedanke viru sech stoen, e Mënsch, deen een nët vergësst.

***

De «Lëtzebuerger Schrëftstellerverband» hat fir d'drëtt, den 30. Mee 1989, eng *Litterashow* organiséiert. 26 Schrëftsteller (!) haten sech dofir gemellt, déi virgelies hun an duurch Musik(anten) opgelackert gouf. Et gouf lëtzebuergesch, däitsch, franséisch Poesie a lëtzebuergesch an däitsch Prosa virgedroen. Et gong dobäi duerch de Litteraturgaart, vun der Schrëftsteller-Hausfra bis an d'Wiirtshauslitteratur. (Revue No 21. 24.5.1989)

***

20 Joër *Piusverband.* — De Piusverband huet séng Nummer 66, Juni 1989, ganz op lëtzebuergesch publizéiert. Vun den Artikle bis op hir Rappore nenne mer den Artikel vum J.M. Kiefer, deen «Op de Spure vun enger Lëtzebuerger Kiirchmusek» schreift, esouguer an der richteger Schreifweis bruet gët.

***

# Eis nei Gléckwonschkaarten

Zwou faarweg Gléckwonschkaarte fir méi Geleënheten a véier schwaarzwäiss Neijooschkaarte sin et, déi d'«Actioun Lëtzebuergesch-Eis Sprooch» fir d'Enn vum Joër 1989 erausgin huet. Mat dene faarwege Kaarte kënnt e jonke Misseler zu Éieren: den Nico Hienckes, deen den 6. Dezember 1949 an der Stad op d'Welt koum, séng Kannerzäit zu Nidderdonwe verbruecht huet an haut Schoulmeeschter am «Centre Scolaire» zu Dräibuer as. Mat séngen Aquarelle-Biller, déi eng gewësse Wäermt ausstralen, hat dee jonken Hobbymoler schon op enger ganzer Parti Ausstellungen e schéinen Erfolleg. Déi faarweg Kaarte mat Tableauë vum Nico Hienckes, déi de Jean Welter fir d'«Actioun Lëtzebuergesch» fotograféiert huet, stellen eng Vue vun der Museluertschaft Éinen an eng Landschaft duer. Déi duebel Kaarte sin a waarmen, giel-brongen Téin gehal a kaschten 30 Frang d'Stéck mat der Enveloppe. Et steet keen Text bannendran. Dofir kann ee se fir vill Geleënhete brauchen.

# Neijooschkaarten 1989/90

De François Ewen huet der «Actioun Lëtzebuergesch» d'Erlaabnes gin, fir vu véier Zeechnungen aus séngem Buch: «Le Luxembourg dans les gravures du 19e siècle» Neijooschkaarten drécken ze loossen. Op de Kaarten, fir déi de Jean Welter d'Fotoë gemaach huet, sin:

— de Mëllerdall (aus dem Joër 1884);
— déi Iechternacher Sprangprëssioun (aus dem Joër 1888);
— Lëtzebuerg, de Pafendall (aus dem Joër 1889);
— d'Fiels (Larochette) (aus dem Joër 1890).

Déi duebel Neijooschkaarte kritt ee mat an ouni Gléckwënsch dran. Si kaschte 15 Frang d'Stéck mat der Enveloppe. Gemengen, Veräiner oder Privatpersounen, déi méi wéi 100 Kaarte kafen, kréie se fir 11 Frang d'Stéck.

Et kann een all dës Kaarte bei der «Actioun Lëtzebuergesch-Eis Sprooch», Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg, bestellen. Fir ze bestelle geet et och iwwer de Postscheck 6644-48, vun der «Actioun Lëtzebuergesch-Eis Sprooch», wann een op de Coupon schreift, wat ee gär hätt an d'Geld fir de Porto (18 Frang fir 4 Kaarten, 30 Frang fir 12 Kaarten, 40 Frang fir méi wéi 12 Kaarten) mat iwwerweist.

---

**De Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch**

Président: Heng Rinnen, Bëschstrooss 32, L-1534 Lëtzebuerg, Tél.: 48 61 37
Vize-Président: Lex Roth, Charles Quint-Strooss 32, L-2380 Lëtzebuerg, Tél.: 47 82 41 (Büro) — Caisier: René Faber, Barriärstrooss 14, L-1215 Lëtzebuerg, Tél.: 44 13 96 (privat), 47 04 01 (Büro) — Sekretär: Marcel Lamy, Kellerei-Strooss 18, L-6718 Gréiwemaacher, Tél.: 75 83 89 (privat), 4796-611 (Büro) — Sekretär-adj.: Emile Steffen, Riedgenerstrooss 47, L-2432 Lëtzebuerg, Tél.: 48 64 68 — Mëmberen: Monique Hermes, Webergaass 19-21, L-6792 Gréiwemaacher, Tél.: 75 80 94 — Cornel Meder, Prënzebierg 69, L-4650 Nidderkuer, Tél.: 58 70 45 — Robert L. Philippart, Boulevard de la Pétrusse 92, L-2320 Lëtzebuerg — Arthur Reckinger, Boulevard Jules Salentiny 21, L-2511 Lëtzebuerg, Tél.: 43 84 53 — Robert Siuda, Boulevard Hubert Clement 14, L-4064 Esch-Uelzecht, Tél.: 55 12 37 — Tom Thies, Baachstrooss 12, L-3340 Hëncheréng, Tél.: 51 63 24 — Maisy Tockert, Cyprien Merjai-Strooss 45, L-2145 Lëtzebuerg, Tél.: 43 12 72.
Saz an Drock: Dréckerei Kremer-Muller & Cie, Féiz

**Actioun Lëtzebuergesch** 21, Bredewee, L-1917 Lëtzebuerg
Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg, Tél. 47 06 12 — Äntwertapparat
Konten: Postscheck: 6644-48 — Spuerkess: 1000/7250/4 — BIL 4-100/9748





